



Defense ugeet -, fir mech perséinlech eng Fin de non-recevoir ass aus deem einfache Grond, well ech der Meenung sinn, dass, wann all déi aner Länner an der NATO esou vill Sue fir d'Entwécklungshëllef géifen ausginn, wéi Lëtzebuerg dat mécht, da géife mer ganz vill Konflikter evitéieren, déi d'NATO herno net misst léisen. Dofir wäert ech och do nach eng Kéier, wéi mer dat zu Lëtzebuerg esou oft gesot a gemaach hunn, en Appell maachen, dass mer vläicht nach méi - och déi aner Länner, déi an den Top-Dräi sinn, net just Lëtzebuerg - en Akzent leeën an d'Konfliktévitatiere wéi herno an d'Konfliktléisen, an dat ebe just iwwer méi héich Investitiounen an d'Entwécklungshëllef wéi onbedéngt an d'Defense.

Voilà, dat gesot, soen ech lech Merci an ech soen awer och dem Rapporteur villmools Merci fir säi schrëfflechen a mëndleche Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Merci och dem Här Minister fir dës Explikatiounen. Déi „hausse constante“, déi an de Ligne-directrice vun der Defense drasteet, an deem sougenannte Wäissbuch, hunn ech zumindest esou an Erënnerung oder esou erkläert kritt, datt ab 2020 déi jo eng proportional Hausse zum PIB wier, dat heescht, datt d'Dépense pro Joer ëm jeeweils 0,05% géifen an d'Luucht goen, soudatt mer dann 2024 respektiv 2025 bei 0,8% respektiv 0,85% vum PIB wieren.

Hunn ech do eppes falsch verstanen? Oder wéi kënnt Dir dat do erklären, well et ass awer zumindest esou, wéi et an der Kommissioun duergestallt gouf?

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense*.- Här Baum, dat ass esou, dass eng Rei Projeten, déi de Moment un eis erugedroe gi vun der NATO, déi awer nach net decidéiert sinn, géife bewierken, dass dat dote géif geschéien. Mä déi Projete sinn net decidéiert vun dëser Regierung. A mir wäerten net méi spéit wéi dës Freiden an der Regierung nach iwwert déi Ligne-directrices diskutéieren an och iwwert de Budget, dee mer dee Moment wäerten zur Verfügung stellen, fir déi verschidde Projeten ze realiséieren.

Mä tëscht haut an nächste Freiden ass nach den NATO-Sommet. An ech huele jo un, dass do och nach eng Rei Aussoe wäerte gemaach ginn. Ech kommen awer gär dorobber zréck.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7239 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7239 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

55-mol Jo, 2-mol Nee an 3 Abstentiounen, domat ass de Projet de loi ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Claude Wiseler), M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen) Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Marc Angel), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini.*

*Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens ze froen? Jo?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwer, dem Projet 7113, der Ofännerung vum RMG-Gesetz an der Schafung vum REVIS-Gesetz. An de Rapporteur ass den honorabelen Här Claude Lamberty.

## 7. 7113 - Projet de loi relatif au revenu d'inclusion sociale

**et portant modification**

**1° du Code de la sécurité sociale;**

**2° du Code du travail;**

**3° de la loi modifiée du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement de pensions alimentaires par le Fonds national de solidarité;**

**4° de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;**

**5° de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées;**

**6° de la loi modifiée du 30 avril 2004 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit;**

**7° de la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale**

**et portant abrogation**

**de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti**

**Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration**

► **M. Claude Lamberty** (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op Hëllef vu baussen ugewisen ze sinn, fir ze iwwerliewen, et net ze packen, sech erëm op déi eege Féiss ze stellen, säi Liewensënnerhalt net méi kënne selwer ze verdéngen, dat ass fir keen eng einfach Situatioun.

Mir hunn hei am Land ongeféier 10.000 Stéit, déi den RMG bezéien. Dat sinn am Ganze ronn 20.000 Persounen, dovunner ganz vill Kanner. Dat sinn 20.000 Eenzelschicksaler mat ënnerschiddleche Liewensgeschichten, wéi a firwat si an déi Situatioun gerode sinn.

All Gesellschaft muss hir Fortschrittlechkeet dorunner miesse loossen, wéi si mat den Äermsten ënnert sech ëmgeet. Fir d'Leit an e sem Land ass et zum Gléck evident, datt de Stat an esou Situatiounen muss hëllefen an deene Betreffene muss finanziell ënnert d'Äerm gräifen. Dat ass eng Fro vu gesellschaftlecher Solidaritéit an deem gudden Zesummeliewen an dësem Land.

Eng verantwortungsbewusst Politik séchert awer net nëmmen de finanziellen Existenzminimum, si geréiert net nëmmen Dossieren. Neen, eng verantwortungsvoll Politik fërdert an ënnerstëtzt déi Betreffen. Si mécht hinnen de Wee fräi, fir hir perséinlech Situatioun erëm esou ze verbesseren, datt se am Idealfall erëm ganz op eegene Féiss kënne stoen.

Genee dat ass et, wourobber de Gesetzesprojet, dee mir haut hei diskutéieren, verstärkt den Accent setzt. Et geet dorëm, de Betreffenen de Wee an d'Beruffsliewen ze erméiglechen oder awer, falls dat net méiglech ass, si sozial ze aktivéieren. Dat kann och iwwert de Wee vun enger Therapie oder anere Mesuren de Fall sinn.

E besonneschen Accent gëtt awer op d'Famillje mat Kanner geluecht, an hei besonnesch bei den Elengerzéierenden, déi dem gréissten Aarmutsrisiko an eiser Gesellschaft ënnerleien.

Här President, wat als Éischt an d'A spréngt bei dësem Projet de loi, ass den Numm. Aus dem RMG, also dem Revenu minimal garanti, gëtt de REVIS, de Revenu d'inclusion sociale. Eng Bezeichnung ze änneren ass vläicht op den éischte Bléck e kleng Schrëtt, mä en dréit derzou bäi, datt mir an der ëffentlecher Perception en neie Bléck op dës wichteg Sozialhëllef geieen.

Et muss eis als Gesellschaft näamlech dorëm goen, de Betreffenen ze hëllefen, erëm selwer hiert Liewen ze meeschten, an net, de Leit eng minimal Existenzgrundlag ze accordéieren, vun där si riskéieren ni méi fortzekommen. Et geet dorëm, de Betreffenen eng Verantwortung fir sech selwer zoukommen ze loossen an

hinnen nei Opportunitéiten ze weisen. Dat, wat op dësem Projet dropsteet, ass och genee hei dran. Den neien Numm seet et: Et geet beim REVIS virun allem ëm d'Inklusioun, ob sozial oder berufflech. Donieft ginn awer och d'Prozedure vereinfacht an d'Sozialaarbecht gëtt dätlech besser koordinéiert.

Fir dës Gesetzeesprojet auszeschaffen, huet de Familljeministère fir d'Éischt emol eng genee Analys vum aktuelle System gemaach, fir d'Schwaachstelle kloer opzeddecken an dann och kënne Remedur ze schafen. Och vun de professionellen Akteuren an den Associatiounen aus dem soziale Secteur ass ganz vill Input komm, well si natierlech am beschte placéiert sinn, fir Verbesserungsvirschléi kënne ze maachen.

Éier ech op den Detail vum Projet aginn, erlaabt mer, zum bessere Verständnis nach eemol op d'Fonctionnsweis vum RMG anzegoen. De But vum RMG ass et op där enger Säit, eng finanziell Ennerstëtzung fir d'Leit ze ginn, déi e gewëssene Seuil vum Akommes net erreechen. Dës Seuil hänkt vun der Zesummesetzung vum Stot of an ass an engem Barème gesetzlech festgeluecht. Eng schaffend Persoun, där hiert Akommes ënner engem gewëssene Montant läit, kritt e Complement, dat heescht e finanziellen Zousaz, bis datt hire Revenu um fixéierte Montant ukënnt. Dobäi gëtt d'Akommes deelweis „immuniséiert“ oder „blockéiert“.

Op där anerer Säit soll den RMG awer och eng aktiv Hëllef sinn, fir de Wee nees zréck op den Aarbechtsmarché ze fannen. Dat geet vun der Hëllef bei der Sich no enger Aarbecht bis zu Orientatiouns- oder Aarbechtsbeschafungsmesuren. Wann eng Persoun an enger Aktivitéit fir eng Insertioun dran ass, huet se eng spezifesch Indemnitéit zegutt. D'Zil ass et hei, datt d'Persoun en autonomt Liewen ouni finanziell Hëllef vum Stat ka féieren.

Här President, den aktuelle System huet Schwaachstellen an ass net ëmmer gerecht. An engem Stot vun zwee Erwuessener, an deem eng Persoun schonn an enger Mesure dran ass, do géif am Moment d'Aktivatioun vun enger zweeter Persoun mat sech bréngen, datt d'Akommes vum Stot iwwert dem festgeluechten RMG-Plaffong géif leien, mam Resultat, datt de Stot finanziell bestrooft géif ginn, wann déi zweet Persoun eng Mesure aktiv géif matmaachen. Also geschitt do natierlech näischt.

Et ass kee grousst Geheimnis, datt et grad d'Frae sinn, déi doduerch meeschtens de Kierzere gezunn hunn, an et da grad si sinn, déi de Wee op den Aarbechtsmarché net méi zréckfannen.

Mir hunn den Ament och verschidden Zeenarien, an deenen d'Méischaffe fir déi Betreffen um Enn vum Mount manner Sue bedeit. Dat ass net gesond. Mir brauchen hei e System, deen de Wëllen, fir méi Stonnen ze schaffen, kloer belount.

Ech hat aganks scho vum Aarmutsrisiko geschwat, dee besonnesch héich ass fir Bezéier mat Kanner an elengerzéiend Elteren. Et ass e Fakt, datt Stéit mat Kanner, déi den RMG bezéien, e groussen Aarmutsrisiko hunn. Dofir ass et och wichteg, bei der Reform hei unzesetzen, fir alle Kanner déi beschten Zukunftschancen ze bidden.

Schliisslech si mer da bei der Bürokratie. Hei ass Sputt no uewen, oder besser gesot no ënnen, dat heescht, Sputt fir manner Bürokratie. Am aktuelle System ass et esou, datt de Suivi vum RMG-Empfänger vun zwou verschiddene Verwaltung gemaach gëtt. Alle béid sinn och zoustänneg fir Insertiounsmesuren. Do hu mer op där enger Säit d'ADEM, déi beim Aarbechtsministère ënnerbuecht ass, an op där anerer Säit den SNAS, deen eng Verwaltung vum Familljeministère ass.

Am Kader vun dëser Reform hu sech Vertrieder aus dem Aarbechtsministère mat deenen aus dem Familljeministère zesummegesat, fir dat Ganzt méi kohärent a méi logesch ze maachen, well e kohärenten, qualitativ héichwäertege Suivi vun de Betreffenen ass den Erfollegsschlüssel vun enger Aktivatioun. An déi ass jo eent vun den Haaptziler vun dëser Reform.

Här President, den RMG bezéien oft Leit, déi wäit ewech vum Aarbechtsmarché sinn. 1999 ass dofir fir dës Persounen e sougenannten „contrat d'insertion“ agefouert ginn, fir ebe méi wéi just e Minimum un Akommes ze garantéieren, mä si op dem Wee an eng Insertioun méi staark ze begleeden. Dat geet awer net duer. Dofir spillt an der Reform den Aspekt vun der Aktivatioun eng wesentlech méi grouss Roll.

Den neie REVIS wäert natierlech weider e Mëttel géint d'Aarmutsbekämpfung bleiwen, mä et soll méi Wäert op d'Bedelegung vun de Beneficiairen an der Gesellschaft an déi berufflech Aktivatioun geluecht ginn. Domadder wäert méi gezielt d'sozial Ausgrenzung kënne be-

kämpft ginn. Dat entsprécht och deem, wat d'OCDE Lëtzebuerg recommandéiert huet, fir ebe méi Wäert op d'Aktivatioun an op d'Formatioun ze leeën.

Ennert dem REVIS wäert déi eenzel Persoun besser begleet ginn, an dat am Respekt vun hire Capacitéiten an hirer perséinlecher Situation. Well, maache mer eis näischt vir, net jiddweree befénnt sech do um nämlechten Niveau.

Verschidde Leit sinn an enger éischter Phas net prett fir op den Aarbechtsmarché a mussen fir unzefänke mat geziilte Mesuren, déi hire Besoinen entsprechen, als Éischt emol stabiliséiert ginn, éier se dann un eng berufflech Aktivatioun kënne denken. Den neie System gesäit hei sozial Stabilisatiounsmesur vir. Den neie System wäert méi op déi ënnerschiddlech Liewenssituatiounen vun de Leit agoen. Zum Beispill ka Stabilisatioun heeschen, eng Entzëungskur ze maachen, e medezinnescht Traitement oder eng aner Zort vu Rehabilitatioun.

Eng Etapp duerno wär et dann, u Projeten deelzehuelen, fir eng temporär Aarbecht am Interessi vun der Allgemengheet ze maachen. Zäitgläich solle Coursen oder Formatiounen gemaach ginn, wéi beispillsweis Sproochecoursen, well een zum Beispill keng Aarbecht fënnt, well ee keng vun de Sproochen beherrscht, déi ee géif brauchen.

Esou eng individuell Prise en charge hëlleft, d'Beschäftegungsfäegkeet vun der concernéierter Persoun ze verbesseren an domadder och d'Chance, um Aarbechtsmarché kënne Fouss ze faassen. Mir dierfen näamlech net vergiesen, datt et net nëmmen ëm Sue geet. Wann een déi Betraffe viru sozialer Ausgrenzung schütze wëllt, da geet et virun allem och ëm d'Integratioun an eng Gemeinschaft an an d'Aarbechtswelt.

Mä maache mer eis näischt vir: Et gi Leit, déi et nëmmen ganz schwéier oder souguer guer net packen, de Wee an de Beruff zréckzufannen. Dofir erlaabt de REVIS et och, datt eng Persoun an enger Mesure ka bleiwen, wann hir Capacitéiten an hir Liewenssituatioun et net erméiglechen, enger regulärer Aarbecht kënne nozegoen.

Am Sënn vun der sozialer Inklusioun wäert de REVIS dann och Persounen zeguttkommen, déi bis elo den RMG net zegutt haten. Dat sinn als Éischt Leit ouni feste Wunnsätz. Dann ass d'Situatioun vum „recueilli par pitié“ elo am Gesetz virgesinn, dat heescht, datt eng Persoun, déi fir näischt an engem Stot wunnt, während engem Joer als eenzel Persoun betruuecht gëtt, also als Persoun, déi net zum Stot gehéiert. Domadder huet si dann och zwielef Méint d'Urecht op de REVIS. Dat neit Gesetz präziséiert kloer, wien ënnert déi nei Regelung fält. Dat si beispillsweis Demandeurs de protection internationale oder och Fraen, déi aus Fraenhaiser kommen, also Leit, déi oft emol nees mussen erëm zréck an d'Gesellschaft fannen, éier se da selbststänneg kënne wunne goen. De REVIS ass hei op zwielef Méint begrenzt.

Doriwwer eraus gëtt et eng gesetzlech Basis, déi gëtt geschafen, fir datt de Fonds national de solidarité, also den FNS, och Independanten eng Ennerstëtzung ka ginn. Den Independant wäert deemno de REVIS sechs Méint zegutt hunn, eng Period, déi och eemol erneierbar ass.

An deem Kontext sief och erwänt, datt mam virleiende Gesetzesprojet en Observatoire des politiques sociales geschafe gëtt.

Här President, e weidert Zil war et, méi Logik a Kohärenz an déi verschidden Insertiounsmesuren, déi haut schonn existéieren, eranzekréien an och d'Kompetenzen tëscht deene verschiddenen Akteure vill méi kloer ze maachen. Wéi gesäit dat dann elo an Zukunft aus?

Fir de REVIS ze kréien, muss een als Éischt bei der ADEM ageschriwwen sinn. Et ass dann d'ADEM, déi e Profil fir all Persoun opstellt. D'ADEM bleift dann och nëmmen fir déi Leit den éischten Uspriechpartner, déi wirklech prett sinn, fir kënne eng Aarbecht ze sichen an ze fannen.

Am Fall, wou eng Persoun awer nach ze wäit sollt ewech si vum Aarbechtsmarché an e spezifesch Encadrement fir eng sozial a berufflech Aktivatioun brauch, gëtt si op Basis vun engem motivéierten Avis un den neien ONIS, den „Office national d'inclusion sociale“, orientéiert, dës virun allem am Interessi vum Betreffenen, well en domadder en individuellen, op seng Besoinen adaptéierte Parcours kann absolvéieren.

Spéitstens dräi Méint nom Avis vun der ADEM gëtt vum ONIS an engem sougenannten Aktivatiounsplang e perséinlechen Aktivatiounsprojet festgehalen. Et ass dës Plang, deen d'Basis fir eng Aktivatioun wäert leeën. Eng effektiv Participatioun un de Mesur gëtt dann och d'Urecht op eng Aktivatiounsallocatioun.





An dësem ganze Prozess bleift den ONIS deen eenzeggen Usprichpartner, bis den ONIS selwer proposéiert, de Beneficiaire op Aarbechtsbeschaffungsmesurë bei d'ADEM ze orientéieren, well d'Persoun prett ass, fir sech kënnen eng Plaz um Aarbechtsmarché ze sichen.

Wichtig ze soen ass nach, datt am Aktivationsplang der Entwécklung vun den eenzelne Leit Rechnung gedroe gëtt an datt et Passerellen tëscht de soziale Mesurë vum ONIS an deene vun der ADEM wäert ginn. De But kann nämlech net sinn, datt mir vu vireran ausschléissen, datt d'Leit erëm um Aarbechtsmarché kéinte Fouss faassen. Den neie System ass iwwerengs och an dësem Punkt eng ganz wesentlech Verbesserung par rapport zu der aktueller Situatioun, well déi Betreffen an Zukunft weider kënnen d'Aktivationsallocatiounen kréien, och wann d'ADEM d'Prise en charge iwwerhëlt.

Den Aktivationsplang geet all Kéiers iwwer ee Joer, mä ass erneierbar a kann och zu all Moment duerch en neien Aktivationsplang ersat ginn, deen opgestallt ka ginn.

An nach eng Präzisioun: Persounen, déi duerch hire Statut, beispillsweis weinst enger Krankheit, net disponibel si fir den Aarbechtsmarché, falen direkt ënnert d'Kompetenz vum ONIS.

Här President, bei dëser Reform stinn d'Beneficiairë ganz staark am Vierdergrond. Dat ass och gutt an dat ass och richtig esou, mä d'Reform ass awer och wichtig fir d'Akteuren um Terrain. Dës Reform bréngt net nëmmen eng kloer Aarbechtsopdeeling tëscht ADEM an ONIS mat sech, si wäert och fir e besseren Encadrement duerch den ONIS suergen, andeems dësen zousätzlech duerch regional Agenten fir sozial Inklusioun assistéiert gëtt. Dës regional Agenten wäerten an den Offices sociaux hirer Aarbecht nogoen.

Firwat an den Offices sociaux? Ma eben, well et oft virun enger beruflecher Aktivatioun eng ganz Rei aner Probleemer ze léise gëllt. Dat kann d'Organisatioun vun enger Betreierung fir d'Kanner sinn. Et kënnen méi déif gräifend Probleemer sinn, wéi eng Verschëldungssituatioun oder Gesondheetsproblemer. Bis elo ass et am Familljeminstère och kee konkrete Personalschlëssel fir den Encadrement ginn. An Zukunft wäert ee Betreier zoustänneg si fir aacht Leit, déi an enger Aktivationsmesurë sinn.

Doduerjer, datt et sech hei ëm d'Begleedung vu Leit handelt, déi wäit ewech vum Aarbechtsmarché sinn, ass eng qualitativ héichwäerteg an intensiv Begleedung noutwendeg. An dat wäert de Stat och eppes kaschten. Suen, wou mir eis awer, mengen ech, heibannen all eens sinn, déi gutt investéiert sinn.

D'Bekämpfung vun der Kannerarmut an der Armut vun Elengerzéier ass eng weider grouss Preoccupatioun. Hei huet misse méi geschéien, an hei geschitt méi. D'Kannerarmut muss een awer op verschiddenen Niveauen ugoen. De REVIS ziilt engersäits op eng Aktivatioun of, déi Elteren hëlleft, um Aarbechtsmarché erëm Fouss ze faassen. Donieft wäerten awer och d'Prestatiounen méi cibléiert ginn. D'Part fir d'Kand gëtt beim REVIS eropgesat.

Ech wëll awer och drun erënneren, datt de REVIS hei an engem gréisseren Kontext vu Prestatiounen ze gesinn ass, déi am Laf vun de leschte Jore fir déi Äermst an eiser Gesellschaft en place gesat gi sinn. Ech denken un eng Subvention de loyer, un déi kierzlech Adaptatiounen bei der Allocation de vie chère, mä awer och u Projekte wéi zum Beispill d'sozial Epicerie oder och de Kulturpass.

Här President, an der Vergaangenheet ass vill un initiale Gesetzestext vu '86 gepléischtert ginn. Et ass emol hei an do nobessert ginn, mam Resultat, datt d'Texten ëmmer méier verständlech gi sinn. Et ass aus deem Grond, firwat den Text elo komplett frësch geschriwwen ginn ass, wat zur Simplification administrative wäert bäidroen.

Vereinfacht gëtt de System awer och doduerjer, datt den FNS an Zukunft déi eenzeg Plaz ass, déi zoustänneg ass fir d'Demande de paiement vum REVIS. Domadder gëtt et an der Saach nëmmen nach een Usprichpartner, an den ONIS ka sech virun allem op seng sozial Missioun konzentréieren.

Och datt déi sozial Prise en charge op regionalem Niveau stattfënnt, vereinfacht ganz villes. Déi Concernéiert si jo schonns an der Regel mat hirem Office social a Kontakt a kënnen dann do direkt bei hiren Aktivationsmesuren encadréiert ginn.

E weidere Schrëtt fir eng Vereinfachung ass d'Digitaliséierung vun den Dossieren. Dat spuert Zäit an Aarbecht.

Här President, am Kader vun dëser Reform ass awer och de Berechnungssystem vum RMG op de Leescht geholl ginn. Hei ass et virun allem dorëm gaangen, Saachen, déi net kohärent waren, ze verbesseren.

Am Moment ass et effektiv esou, datt, wann ee méi schaffe geet, et zu enger Stagnatioun an deels souguer zu enger Baisse vum Liewensniveau kënn, soudatt d'Leit carrement encouragéiert gi sinn, ofhängeg ze bleiwen. Den neie REVIS ass esou konzipéiert, datt all Augmentatioun vu Schaffstonnen och e finanzielle Virdeel mat sech bréngt.

Fir dat ze änneren, ass et op e puer Niveauen zu Changementen komm. De Mechanismus fir d'Immunisatioun vun de Revenuen ass eropgesat ginn. Dëst fir de Leit en Ureiz ze ginn, fir schaffen ze goe respektiv fir méi ze schaffen. Dofir ass de Mechanismus fir d'Immunisatioun bei 30% vum Barème vum RMG ganz ofgeschafft ginn.

Den neie Mechanismus gesäit eng direkt Immunisatioun vu 25% vun de Revenuen vir. Deemno ginn nëmme 75% vun de Revenuen an der Berechnung consideréiert. Mir schafen also hei e konkreten Ureiz, fir méi ze schaffen.

Eng aner Mesur, déi am Moment dozou encouragéiert, net méi ze schaffen, ass d'Majoratioun fir de Loyer ze kompenséieren, déi am Moment net méi accordéiert gëtt, wann een d'Recht op den RMG verléiert. Déi gëtt dofir ofgeännert an d'Beneficiairë vun der Allocation d'inclusion kënnen an Zukunft eng Demande fir eng Subvention de loyer maachen.

Och d'Zesummesetzung vum Montant fir de REVIS huet geännert. Ech ginn do net op déi verschidde Montanten an. Déi fannt Dir a mengem schrëftleche Rapport ganz iwwersichtlech an engem Tableau.

Wéi setzt sech de Montant vum REVIS an Zukunft zesummen?

Et gëtt eng Allocation d'inclusion, dat ass e Forfait de base pro Persoun plus en Deel fir d'Gemeinschaftsfräise vum Stot. Och eng zweet Persoun am Stot kritt e Basisforfait. Da kommen nach Forfaite pro Kand derbäi, an eng Majoratioun pro Kand an engem Stot, dee monoparental ass.

Den zweete Volet ass eng Allocation d'activation fir déi Leit, déi sech un Aktivationsmesurë bedeelegen. Dat sinn net nëmme Mesuren, fir d'Leit op den Aarbechtsmarché ze kréien, mä och Mesurë fir eng sozial Inklusioun.

E wichtige Volet ass iwwerdeems, datt de Verbuet fir eng zweet Insertionsmesurë pro Stot opgehuewe gëtt, soudatt méi Mesurë pro Stot kënnen duerchgefouert ginn.

Ännerungen ginn et dann awer och beim Sanktionssystem. Amplaz vun haut op muer d'Recht op den RMG ewechgeholl ze kréien, gëtt et an Zukunft e progressive Sanktionssystem. Et ass dann och méiglech, nëmmen en Deel vum REVIS als Sanktioun ewechzehuelen. An eréischt als lescht Mëttel gëtt dann de REVIS ganz gestrich, wann eng Persoun hiren Obligationen par rapport zum ONIS net géif nokommen.

Éier ech elo zum Schluss kommen, wëll ech awer och nach soen, datt sech zwou Fehlermaterialien am Projet ageschlaach hunn, déi am Projet, dee gestëmmt gëtt, behuewe gi sinn. Mir hunn eng ganz Rei detailléiert Avisen erakritt. Ech verweise fir den Detail ganz gären hei op de schrëftleche Rapport.

Här President, ganz zum Schluss vu mengem Rapport wëllt ech vläicht nach just eemol kuerz widerhuelen, wouër et an dësem Projet geet, nämlech dorëm, déi Betreffen ze stabiliséieren, ze aktivéieren a schliisslech och erëm an d'Berufswelt an an d'Gesellschaft ze integréieren. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir mat dësem Projet d'Konditiounen schafen, fir de Beneficiairen e wesentlech besseren Encadrement ze bidden.

An als ganz leschte Saz vu menger Säit: E grouse Merci un all déi Leit, och d'Leit an de Kommissiounen, wou mer vill diskutéiert hunn, vill mateneen diskutéiert hunn, an och d'Leit, déi ronderëm d'Kommissioun vill gehollef hunn, fir dëst Gesetz, fir dësse Projet haut hei kënnen an de Plenum ze kréien.

Ech soe Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur, an den éischte Riedner ass den Här Marc Spautz fir d'CSV.

#### Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, den RMG, de REVIS, d'Armut ass eppes, wat eis scho laang begleet, scho laang beschäftegt. A wann een historesch kuckt, wou mer hierkommen, hate mer d'Aféierung vum Fonds national de solidarité, mir haten d'Aféierung vum Revenu minimum garanti a mir hunn eis hei an dësem héijen Haus - net mir, mä eis Vir- a Virvirgänger - vill mat dem Problem vun der Armutsbekämpfung beschäftegt.

Mir haten och vill Leit, déi déi Saache begleet hunn, ob dat d'Caritas war, ob dat d'Croix-Rouge war, ob dat Initiative waren, déi geholl gi sinn an deene Joren, ier et den RMG ginn ass, ier mer vum Fonds national de solidarité geschwat hunn, déi sech ëm déi Leit bekëmmert hunn. An ëmmer erëm huet et geheescht: Wat d'Entwécklung technesch, wat den Erfolg vun der Success Story vum Land Lëtzebuerg wäert virugoen, wat d'Armut wäert ofhuelen.

An Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, mir wëssen, dass dat net geschitt ass. Och wann d'Armut, wann een d'Definitionskritären hëlt, haut eng aner ass wéi déi Definitionskritären vun der Armut vu viru 40 oder 50 Jore, esou ass et awer real, dass d'Armut nach ëmmer e Problem hei zu Lëtzebuerg duerstellt. An dat ass och nach eemol méi bewise gi vun deenen Analysen, déi gemaach gi si vun der Caritas, vun der Chambre des Salariés an och vum Statec.

An erlaabt mer - vill Kollege wäerten elo soen: „Elo kënn en erëm mat där aler Leier“ -, dass ech nach eng Keier op den Artikel vom 31. Januar 2018 aginn, deen am „Le Quotidien“ war, wou et geheescht huet, dass 2008 deemools een, deen e Salaire social minimum an zwee Kanner hat, 47.918 Euro hat, an dass den OGB-L festgestallt huet, dass et fir d'Joer 2018 nach géif bedeiten, dass déi Leit 46.005 Euro hunn. Dann hätten déi Leit 2018 1.913 Euro manner wéi se virdrun 2008 haten.

Dat ass eng Statistik, déi net ech gemaach hunn, déi ass vum OGB-L komm a si war verëffentlecht am „Le Quotidien“, an enger Zeitung, déi jo och net grad menger Faarf nosteet, just fir awer ze ënnersträichen, wou déi Chifferen hierkommen.

Mir haten eis och mat der Analys vun der Mardamm Franziskus vum Statec beschäftigt, wou de Statec jo beoptragt war, esou eng Analys eng Keier ze maachen, wéi et mat der Armut hei zu Lëtzebuerg ass, a wou och Chifferen op den Dësch komm sinn am nationale Verglach, am internationale Verglach a wou mer jo allequerten, wéi mer heibanne setzen, wëssen, dass den Hauptproblem zu Lëtzebuerg, wat d'Armut ubelaangt, ënner anerem net wéi an anere Länner de Chômage ass - de Chômage spilt och mat eran -, mä virun allem de Präis vum Wunnen hei zu Lëtzebuerg ass, dass dat den Hauptproblem ass, dee sech stellt, wa mir hei zu Lëtzebuerg vun Armut schwätzen.

Wéi den RMG agefouert ginn ass, Dir Dammen an Hären, léif Frënn, do hunn ëm de 15. Juli 1986 hei an der Chamber dräi Chambersitzungen stattfonnt. Ech weess, dass verschidde Leit e bëssen nervös gi sinn, well mer gesot hunn: „Mir hätte gären e Modell 2, fir doruwwer ze schwätzen.“ 1986, wéi de REVIS (veuillez lire: wéi den RMG) agefouert ginn ass, ware ganzer dräi Chambersitzungen, déi dofir dropgaange sinn, fir iwwert den RMG ze schwätzen. Dat war de 15. Juli 1986 mëttes, dat war déi 82. Seance, Här President. Et war de 16. Juli 1986 moies, dat war déi 83. Seance. An dat war de 16. Juli 1986 mëttes; dat war déi 84. Seance. Ofgestëmmt ass den RMG gi mat 57-mol Jo an 2 Abstentionen, well d'Chamber déizäit nach aneschtens zesummegesat war.

Mir haten zwee Rapporteurën deemools. Dat waren den Här Putzeys vun der CSV an de René Hengel vun der LSAP. An elo, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, elo haalt lech gutt un: Et hu 27 Deputéierter zu deem Projet geschwat! 27 Deputéiert hunn zu deem Projet geschwat: vun der CSV, wéi gesot, ee Rapporteur plus nëng, vun de Sozialisten de Rapporteur plus siwen, vun der Demokratescher Partei sechs, vun deene Gréngen zwee a vun der Kommunistescher Partei, déi déizäit nach heibanne vertruede war, huet een zu deem Projet geschwat an déi hu sech och dozou geäussert.

Haaptevenement vun deemools war, dass sech dunne heibannen dermat beschäftigt ginn ass: Ass d'Mindestabkommen eng Sozialhëllef oder huet et de Charakter vun enger Leeschtung iwwert d'Assurance sociale? Dat war nämlech eng vun deene wichtigste Froen déizäit. Do geet et nämlech och ëm en Thema, wat mer haut méi oft diskutéieren, mä déizäit war dat nach net de Fall: mat der Exportabilitéit oder Netexportabilitéit, déi dozou gefouert huet. Well dat war nämlech eng vun de Kärfroen. Déi Fro hat deemools den CSV-Deputéierten a Rapporteur René Putzeys opgeworf.

Eng aner, wann ee sech domat beschäftigt, an ech hu mech ganz intensiv domat beschäftigt... Ech hunn alles nogelies, wat säit 1986 an där Thematik gesot ginn ass.

An dofir, Här President, erlaben ech mer, ee fréieren Deputéierten ze zitieren: „Um soziale Gerechtigkeit in den verschiedenen Teilen der Welt, in den verschiedenen Ländern und in ihren Beziehungen untereinander zu verwirklichen, bedarf es immer neuer solidarischer

Anstrengungen der Werktätigen untereinander und mit ihnen. Diese Solidarität muss immer dort zur Stelle sein, wo die gesellschaftliche Herabwürdigung des Subjekts der Arbeit, die Ausbeutung der Arbeitnehmer und das wachsende Ausmaß von Elend und sogar Hunger sie herausfordern. (...) Die „Armen“ treten in verschiedenem Gewande auf, an verschiedenen Orten und zu verschiedenen Zeiten. Sie treten vielfach auf als Opfer der verletzten Würde der menschlichen Arbeit, sei es, dass es an Arbeitsgelegenheit mangelt mit der Folge zwangsweiser Arbeitslosigkeit, sei es, dass die Arbeit und die Rechte, die sich aus ihr ergeben, vor allem das Recht auf angemessene Entlohnung und auf die Sicherung der Person des Arbeitnehmers und seiner Familie, missachtet werden.“

Dat war en Zitat, dat hei en Deputéierten, ech soen lech och duerno wien, zitéiert huet. An en huet deemools hei ënnerstrach, och wann elo jiddweree géif mengen, dat wier en Auszuch aus dem „Kapital“ vum Karl Marx, esou wier dat falsch. Dat wier en Auszuch aus der Enzyklika „Laborem exercens“ vum Pöpst Jean-Paul II.“ An deen, deen déi Zitatioun heibanne gemaach huet,...

► **Une voix.** - Deen huet eng Klassenanalys.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - ...war keen anere wéi den Nic. Eickmann vun der LSAP, deemools Buergermeeschter och vun Déifferdeng, deen déi Zitatioun heibanne bei den Debatte gemaach huet. Och wann een déi Saachen dann noliest, gesäit een, wéi deemools d'Approche zum RMG heibanne war.

Här President, dann e lescht Beispill, wat deemools diskutéiert ginn ass: „Dëse Projet, deen d'Recht op e Mindestabkommen bei eis soll aféieren, beréiert nieft der Sozialpolitik och aner Gebitter vun eiser Politik, wéi zum Beispill eis Alterspolitik, eis Aarbechtspolitik, an domat och eis Wirtschaftspolitik an eis Familljepolitik. Et ass deemno e wichtegt Gesetz mat enger längerer Virgeschicht, op déi een net muss (veuillez lire: op déi ech nach wëll) agoen. D'Ofsacken ënnert den Existenzminimum ass ee Phenomeen, dee sech an der ganzer europäescher Gemeinschaft bemierkbar gemaach huet, mat zum Deel wirtschaftlechen, awer virun allem mat gesellschaftspoliteschen Ursachen (veuillez lire: awer och gesellschaftspoliteschen Ursachen).“ Dat war d'CSV-Deputéiert Erna Hennicot-Schoepges, déi dat heibannen am Juli 1986 gesot huet.

An där ganzer Debatt, wéi ech gesot hunn, hu sech 27 Deputéierter dermat beschäftigt, fir Aussoen dozou ze maachen. A wann een déi noliest - dat kann een alles maachen an den Archive vun der Chamber, Här President -, da fënnt ee ganz interessant Äusserungen zréck. Ech wollt der just e puer zitieren, mä et sinn nach ganz anerer, ganz flotter - „flott“ ass e schlecht Wuert, well et ass awer eppes, wat d'Leit betraff mécht - do mat dran.

Här President, erlaabt mer fir d'Alleréischte awer, wann ech an de Projet ginn, dem Rapporteur Merci ze soe fir säi schrëftleche Bericht an och seng mëndlech Duerstellung. Ech wëll awer ee besonnesch ervirsträichen, an dat ass de President vun der Familljekommissioun, fir déi Aart a Weis, wéi en déi Sitzung geleet huet, fir déi Debatten, déi stattfonnt hunn, well et ware munchmol ganz lieftaft Diskussiounen dobanen. An him dofir e grouse Merci fir déi Aart a Weis, wéi en dat gefouert huet a wou en och probéiert huet, wat em net ëmmer gelongen ass, ech mengen, méi manner gelongen ass wéi positiv gelongen ass, mä wou en op alle Fall och probéiert huet, Kompromisser ze fanen.

Ech wëll och ënnersträichen - an dat ass eppes, wat ech am Här Lamberty sengem Rapport vermësst hunn - déi Initiativ, déi de President geholl huet opgrond vum Artikel 33 vum Statsrotgesetz, wat mer heibannen de 16. Juni 2017 gestëmmt hunn, dass d'Chamber ka bei de Statsrot goen an dass d'Chamber ka mam Statsrot diskutéieren. Den Här Lamberty hat et am Rapport vergiess, mä den Här Baum huet dat gemaach opgrond vun engem Bréif, deen de Chamberspräsident weiderginn huet.

Et ware scho sechs där Phenomeener virdrun an dräi duerno, soudass mer insgesamt de Moment nëngmol mat där Prozedur scho beschäftigt waren. Mä do géif ech en Appell maachen, souwuel un de Chamberspräsident wéi un de President vun der Reglementskommissioun, dass mer do vläicht eist internt Reglement missten upassen an emol definéieren, wien déi Leit sinn, déi bei de Statsrot ginn, wann eng Kommissioun bei de Statsrot geet, an dass mer dat net esou do hänke loosse.





De President vun der Familljekommissioun war zesumme mam Sekretär vun der Familljekommissioun a mat dräi Regierungsbeamten dohinner, fir dat ze erklären, wat d'Meenung ass vun der Kommissioun. Et wier och net schlecht, wann een do Majoritéit an Opposition géif mat défiliéiere looszen.

Ech géif dofir d'Propos maachen, Här President, wann Der erlaabt, dass d'Reglementskommissioun oder de Chambersbureau sech domat beschäftegt, fir do vläicht eng Propos ze maachen, fir dat am Chambersreglement festzhalen, wéi déi Kompositioun soll sinn. Et schéngt fir mech och normal, dass d'Majoritéit an d'Opposition veruede sinn an och de Rapporteur, wann ee bei de Statsrot geet, fir op déi Saachen drop hinzeweisen.

Dat ass eng Ureegung, Här President. An ech wier frou, ech weess elo net, ob Dir dat maacht oder ob Der se direkt weidergitt un den Här Gibéryen als President vun der Reglements-kommissioun, mä dass een dat soll festhalen, dass een da fir d'Zukunft ëmmer genau weess a vu virera weess, wie wouhinner soll am Numm vun der Chamber goen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech hu gemengt, dat wier ëmmer kloer.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Jo, ob et dann ëmmer kloer ass... Wa mer et an d'Reglement schreiwen, Här President, dann ass et sécher kloer!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Débat interinstitutionnel ass net esou evident am Detail ze klären. Ech fannen, dass dat - ouni lech elo ze widdersprieche, selbstverständlech féiere mer déi Diskussioun -, mä dat klappt an der Regel ganz gutt op engem méi informelle Plang. A wann d'Chamber dat freet, dann, mengen ech, kann dat och ganz problemlos klappen. Mä ech huelen dat selbstverständlech mat op de Wee, Här Spautz.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mä hei huet d'Kompositioun vun der Kommissioun, déi dohinnergaangen ass, awer net geklappt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat sief dohigestallt. Ech muss och soen, dass de Bréif vum Chamberspräsident zimlech kloer war.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, d'Reform vum RMG ass noutwendeg gewiescht an d'Reform vum RMG ass néideg. An ech wëll dozou soen, dass och schonn 2013 d'Regierung en Avant-projet de loi ausgeschafft hat, an ech hunn deen och extra matbruecht fir déi Leit, déi e vläicht nach net gesinn hunn, well anscheinend ass e verluer gaangen. An do ass och schonn d'Stellungnam dra gewiescht vun der Inspection générale de la sécurité sociale. Här President, do huet een ënnerschriwwen: Di Bartolomeo. Ech weess net, ob Der dee kennt? Deen huet deemools och d'Stellungnam eragi vum Ministère de la Sécurité sociale, wéi de Ministère de la Sécurité sociale dozou steet, an en huet och d'Chifferematerial zur Verfügung gestallt fir all déi Proposen, déi deemools gemaach gi waren, wat déi géife kaschten, dass een dat alles kann nokucken.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat ka mäi Brudder gewiescht sinn.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Ah, kann dat Äre Brudder gewiescht sinn?

Wat deemools den Hauptpunkt war, dat war, dass dat e Konsens war, dee mat de Sozialpartner schonn ausgeschwat gi war: Et ass do drëm gaangen, wat mer géife maache mat de Leit ënner 25 Joer, dass do déi éischt Prioritéit wier, déi op den Aarbechtsmarché ze integréieren, mä dass een awer och d'Méiglechkeet misst hunn, ënner bestëmmte Konditiounen och Leit ënner 25 Joer kënnen den RMG ze ginn, dass den RMG géif an dräi Deeler gespléckt ginn - en individuellen Deel, en Deel fir de Stot an en Deel fir d'Loyerskaschten - an dass och sollt verhënnert ginn, dass de Stat géif duebel bezuelen.

De Kannerundeel soll, wéi et d'OECD virgesäit, de facto 0,3 hu vun deem éischten Erwuesse-nen. D'Aarbechte sollten och gekuckt ginn, fir an d'Aktivatioun ze kommen. Do soll awer net méi den RMG gekuckt ginn, mä de Loun bei 25% respektiv 50% oder 75%. A wann ee géif ganz schaffe goen, misst een och de Mindestloun garantéiert kréien an et soll och méiglech sinn, dass an engem Stot déi zwee Leit kéinte schaffe goen an dass een dann en anere Schlëssel bei der Berechnung vun de Cumulbestëmmunge géif maachen.

Et ass och drëm gaangen, dass een d'Contrats

à la journée fir déi sougenannten „Doléiner“ misst iwwerschaffen, dass een do misst kucken zesumme mam SNAS an deenen Associatiounen, déi en Agreement vum Familljeministère hunn, dass déi och d'Méiglechkeet hunn, sech do an den Agglidderungsmoossname mat eranzebréngen, an dass dat alles muss geschéie bannent dräi Méint.

D'Immunisatioun soll net ausschliisslech um Betrag vum RMG geschéien, mä haaptsächlech um Akommes, der Pai, de Renten an der Pension. Et sinn Iwwergangsbestëmmungen deemools virgesi gewiescht, haaptsächlech fir déi Leit, déi méi al ware wéi 50 Joer, fir dass sollt verhënnert, dass, wann en neie System géife kommen, déi Leit ënnert dem Stréch duerno méi schlecht géifen ewechkomme wéi virdrun.

An et ass och eng Diskussioun deemools do-riwwer gefouert ginn, dass et jo heiansdo méi gönschteg wier, fir am RMG ze sinn, wéi fir de Mindestloun schaffen ze goen. Do ass och op déi Remarque reagéiert ginn, wou ënner anerem och op de gratis Transport, d'Mannerbezuule fir d'Chèque-servicen an och op d'Saisien deemools higewise ginn ass, dass dat wichteg wier, do Léisungen ze fannen. Och d'Offer vun den Office-sociale misst aneschtens gemaach ginn an et misst een och do wëssen, dass och do schonn haut - oder net haut, mä dat war 2013, wann ech och elo soen „haut“ - d'Méiglechkeet misst bestoen, dass den Office social kéint reagéieren.

Just esou wäit, dat waren näämlech d'Ausféierungen, déi gemaach gi si vun der deemoleger Regierung, vun deenen zwee Regierungsmemberen, déi sech deemools ëm dee Projet bekëmmert hunn. Ech mengen, si stinn elo hei een hannert deem aneren, soudass mer och do nach eng Kéier kënnen herno vläicht d'Diskussioun féieren, wéi et dann deemools dozou komm ass.

Wéi de Projet hei deposéiert ginn ass, deen neie Projet vun der Regierung, hunn ech och verschide Saachen - net nëmmen ech, mä mir - och dran erëmfondt, déi elo an d'Weeër geleet ginn, ënner anerem mat deenen zwee Erwuesse mat den Aktivatiounsmesuren, wat och gutt ass, dass esou eppes kënnt. Et ass och gutt, dass an Zukunft Cotisation-sociale bezuelt ginn, dass domadder och Rechter entsti fir déi Leit, déi am RMG sinn. Doduerch dass se Sécurité sociale bezuelen, kréie se och Rechter, wat virdrun net méi de Fall war.

An da fänt et awer schonn un, wou mer eis net méi esou ganz doranner erëmfannen. Et ass eis virgeworf ginn, mir hätten eis ni dozou geäussert. Mir hunn de 24. Abrëll 2004 (veuillez lire: 2017) Stellung geholl zu dem Gesetzes-projet an der Kritik vun der CSV zum Projet 7113, wou mer eelef Haaptkriticke geäussert hunn.

Dat Éischt war d'Base de données, wou mer iwwert déi Analys geschwat hunn - et war eng Analys an Opdrag gi gi vun der Regierung -, dat war d'Analys vun der Madamm Franziskus. A wann Der do den Inhalt liest an déi Montante kuckt, déi deemools an der Analys vum Statec drastoungen, déi och éffentlech virgestallt ginn ass, an Der kuckt, wat herno an der Realitéit geschitt ass, esou hu mer dach awer nach ëmmer ganz grouss Ënnerscheeder festgestallt. Dat war ee Kritikpunkt. Do huet sech och näischt dru geännert.

Mir haten en zweete Kritikpunkt, dat ass, dass de Basispauschalbetrag vun de Kanner misst aneschtens duergestallt ginn. Do ass duerno en Amendement komm vun der Regierung an do ass d'Majoration forfaitaire aneschtens berechent ginn.

Mir haten e Kritikpunkt bei de Familljenzou-lagen, well jo och schonn am Virfeld d'Familljenzoulage geännert gi waren, dass net méi d'Staffellung pro Kand mat berücksichtegt ginn ass, mä dass e Montant unique geholl ginn ass. Och dat war e Kritikpunkt, dee mer deemools gemaach hunn, wou mer gesot hunn, dass dat net gutt wier, dass do dat vum Kannergeld elo aneschtens géif mat berücksichtegt ginn, well am Basisprojet stoungen nach déi al Kanner-geldmontanten dran, nach wéi et keng Montant-unique waren, mä wéi et Staffellunge waren nom Alter.

Deen anere Status quo war dee mat der Immunisierung. Do ass et och bei deem bliwwen, wéi et war. Beim Amendement ass awer eppes réckgänge gemaach ginn, wat mer kritiséiert haten: Dat war d'Situatioun vum Aidant informel, déi deemools zréckgemaach ginn ass. De Status quo ass bliwwen bei deem, wat mer kritiséiert hu betreffend Stage en entreprise a Contrat subsidé.

An et ass och, wat mer eis deemools gefrot hunn, ob een net och misst de Gesetzesprojet 7086 do matabezéien. Dat ass dee vun der Aide à la formation, wou bei der ADEM sollten nei Moossname geschafe ginn, fir de Leit ze hëllefen, déi am Chômage sinn, fir erëm eran-

zekommen, well - och de Rapporteur ass a sengen Ausféierungen nach eng Kéier dorop agaangen - een d'Leit muss mat der Hand huelen an hinnen eng Formatioun muss ginn. Mä mir haten dat och am Projet 7086, deen an der Travail gemaach ginn ass, mat dran, an do sinn och finanziell Primmen agefouert ginn, souwuel fir d'Betribler wéi fir déi Betreffen. Dat hätt een och misse zesumme kucken.

Dat anert war en Amendement, dee komm ass, wou mer reklaméiert hu wéinst der Allocation d'inclusion réduite. Dat, wat mer net seriö fonnt hunn, ass, dass, wann s de an d'Spidol gees an du bass méi laang do, da sollt gekierzt ginn. Dat ass opgrond vun engem Amendement ewechgeholl ginn.

Mir hu gesot, dass mer et net gutt fannen, wéinst deem fir der Altersarmut entgéint-zewierken, wat do bei den RMG-Bezéier gemaach gëtt. Dat war déi Diskussioun, wou mer virdru gesot hunn, et misst eng Iwwergangszäit kommen an et misst och garantéiert ginn, dass d'Leit ab engem gewëssenen Alter net méi mat ënnert déi nei Bestëmmunge falen.

Mir hate beim Observatoire des politiques sociales kritiséiert, deen elo geschafe gëtt, dass do d'Sozialpartner an d'Zivillgesellschaft vergiess gi sinn. Also do ass och näischt geännert ginn. A mir hate gesot, dass mir där Meenung sinn, aneschtens wéi den Här Rapporteur dat hei duergestallt huet, dass den administrativen Opwand insgesamt vill méi grouss wäert ginn, wéi dat lo de Fall ass.

Ech wëll och dozou soen - an ech kommen duerno nach drop zréck, firwat mir alleguerten déi Punkten a Fro gestallt hunn, dass een dat och versteet -, mä ech wëll just eng Kéier am Zesummenhang soen, dass mir - net wéi gesot gëtt, mir hätten iwwerhaupt kee Wuert dozou gesot - dat do gesot hunn, eng Pressekonferenz gemaach hunn an och an der Kommissioun soulevéiert hunn, dass dat eis Kritikpunkten an deem ganze Punkt sinn.

Wa mer dann drop aginn, mir hunn am REVIS, de Rapporteur huet geschwat vun 20.000 Leit, mir hunn elo probéiert, nach eng Kéier mat de Menagen ze fueren, esou wéi et och am Avis vun der héijer Kierperschaft stoung, wou den Ënnerscheid gemaach gëtt tëschent de betraf-fene Leit an de Stéit:

Et sinn 10.193 Menagen, déi hei zu Lëtzebuerg um Datum vum Depot vum RMG profitéiert hunn. A bei deene Stéit, wëll ech awer soen, sinn 9.257 Stéit - nach eng Kéier: 10.193 profitéieren dovun -, do sinn 9.257 Stéit, wou d'Leit aktiv sinn! Déi Familljen hunn eng Aarbecht. Déi Famillje ginn enger Aktivitéit no an déi kréien déi Hëllef, e Surplus, well opgrond vun dem Berechnungsmodus, wéi en ass, dat, wat se verdéngen, manner ass wéi dat, wat den RMG oder elo an Zukunft de REVIS virgesäit, an dofir kréie se e Complement.

Dat heescht, mir bleiwen nach bei 7,2% vun de Stéit, 735 Menagen, wou alles dat, wat den Här Lamberty eis elo esou laang erkläert huet, spillt. 735 Stéit, dat si 7,2% vun all deenen Haushalter hei zu Lëtzebuerg, si vun där Situation beträff, wat dat heescht, ob se schaffe ginn oder net.

An da muss ee sech d'Fro stellen, ob ee fir d'Éischt net eppes hätt misse maache fir déi 9.372 (veuillez lire: 9.257), déi aus anere Grënn do sinn, an deenen hir Dossiere kucken. An dat war eppes, wat mer an eisem Projet deemools virgesinn haten, fir och deene Leit ënner gegebenen Emstänn kënnen Hëlfelefen ze ginn, wat mer an deemem Projet net erëmfannen. Dat ass ee vun de Kritikpunkten, firwat mer och soen, dass dat net gutt ass, wat hei geschitt ass.

Da wëll ech och soen, den Här Lamberty an och eng gréisser Dageszeitung haut an och am Exposé des motifs, si komme mat all deene Punkten, wou d'Leit elo esou vill géife bäikréien! Ech beruffe mech op d'CSA, ech beruffe mech op déi héich Kierperschaft, de Conseil d'État, wat een alles kann an der Documentation parlementaire nokucken, wann ech soen, dass et do och Fäll ginn, wou d'Leit méi schlecht ewechkommen. Mä ech hu mech net domat begnügt, dat an der Theorie ze maachen, mä ech hunn och hei richtig Beispiller matbruecht vu Situatiounen, déi et haut gëtt.

Eng Mamm, déi huet 56 Joer. Si ass als Immigrantin op Lëtzebuerg komm. Si huet geschafft. Si huet e Bouf vu 27 Joer a se huet e Meedche vun 22 Joer. Deen een ass am-gaangen, an der Belsch ze studéieren, an d'Meedche schafft hei an et huet seng Première 2016 gemaach. Déi Fra huet bis elo, alles zesummen, de Montant fir zwee Adulté kritt, dat waren 2.101,80 Euro beim RMG, gëtt 2.103,55 beim REVIS. Dat si ganzer 1,75 Euro weider, déi se kritt vum RMG op de REVIS. Dann huet se eng Pension d'invalidité. Et ass eng Immunisatioun gewiescht beim RMG vu 630,54 Euro, beim REVIS ergëtt dat nach

423,48 Euro. D'Pension gëtt dann ugerechent mat 1.063 Euro beim RMG a mat 1.270,45 Euro beim REVIS. De Complement, deen ze bezuele war, war beim RMG 1.038,41 Euro an ass beim REVIS nach 833,10 Euro. Dat ass eng Differenz vun 205,31 Euro brutto.

**(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

Dat kann elo fir een net vill sinn. Mä ech kann lech soen, wann Der mat deem dote Montant muss liewen a schaffen, dann ass dat ganz vill.

En anere Fall: E Mann, deen 52 Wochen am Congé de maladie war an deen duerno op-grond vun engem Gesetz, wou mer jo nach sollen, wa meng Informatiounen stëmmen, eng Annerung virhuelen - mä do weess den Här Engel vläicht méi - virum 26. Juli... Mä dee Mann, deen huet elo dann den RMG kritt: 1.401,17 Euro. An Zukunft kritt en de REVIS: 1.402,37 Euro, also dee fantastesche Montant vun 1,20 Euro weider! En huet eng Indemnité de chômage vun 1.540 Euro, déi bleift. D'Immunisatioun war virdru 420 Euro, déi ass elo bei deenen neie Bestëmmungen 385 Euro. Da kënnt e Complement eraus: Et waren 281 Euro beim RMG an et sinn nach 247,37 Euro beim REVIS. Dat si 34 Euro manner, dat ass net alles, mä och dat ass de Beweis, dass et erfogëet.

Eng Madamm, 55 Joer, allengerzéiend (veuillez lire: allengstoend), huet zwielef Stonnen d'Woch geschafft, huet doriwwer eraus den RMG kritt. Well se awer, d'Madamm, deen Alter schonn huet, dee se huet, war kee méi bereet, hir méi e grouse Vertrag wéi zwielef Stonnen ze ginn. Déi huet 1.401,17 Euro zegutt gehat. A si huet e Salaire kritt vun 1.141,13 Euro, immuniséiert ware 420 Euro. Domat huet déi e Complement vum RMG kritt vu 680 Euro. Si kritt an Zukunft beim REVIS nach 546,52 Euro. Déi Fra verléiert 133,88 Euro. Dat dann, fir vun deenen Allengstoenden ze schwätzen, well dat hei ass eng allengstoend Fra.

An dann als lescht Beispill: Eng jonk Koppel, de Mann, 27 Joer, geet schaffen, d'Fra huet der 29 a sicht no enger Aarbecht. Déi hu beim RMG 476,54 Euro bäikritt. Déi kréien elo nach 411,70 Euro bäi. Dat ass e Minus vu 64,84 Euro.

Dat si Modeller, déi der Realitéit entsprechen. An dat ass et, wat mir an där ganzer Reform net gutt fannen. Well et si Leit dobäi, och wa keen dat wëllt héieren, déi méi schlecht ewechkomme bei deenen neie Bestëmmungen, beim RMG, wéi dat virdru beim REVIS...

**(Interruption par M. Gast Gibéryen)**

...déi beim REVIS manner kréie wéi et virdru beim RMG de Fall war. Merci Här Gibéryen.

Da wëll ech och nach eng Kéier op dat agoen, wat an der Etüd steet, déi am Opdrag gemaach gi war, fir de Referenzbudget festzeleeën. Dat ass dat déckt Dokument, wat de Statec erschafft huet a wou mer och d'Chance haten, an der Chamber dodoriwwer ze schwätzen, a wou och déi eenzel Fraktiounen d'Méiglechkeet haten, mat der Madamm, déi déi Etüd erstallt huet, eng Kéier ze diskutéieren. Och do stelle mer fest, dass aus där Etüd erausgeet, wat eng Famill misst hunn a wat d'Leit elo kréien, an dass dat eng grouss Differenz ass an dass et do och grouss Ënnerscheeder gëtt fir déi betrafte Leit an dass dat och net duergëet, fir mat deene Suen, déi do elo zur Verfügung gestallt ginn, iwwert d'Ronnen ze kommen - wéi soll ech dat soen - an der Lëtzeburgerger Economie.

Och do muss ee sech Froe stellen, ob dat dann dee richtige Wee war. Wa mer eng Etüd an Opdrag ginn hunn, fir iergendeppes ze erstellen, dann hätte mer och vläicht misse deem Rechnung droen, wat herno bei där Etüd eraus-komm ass.

Ech wëll dann och do soen, wa mer vun där Etüd schwätzen, do geet et ënner anerem och ëm d'Diskussioun vun der Majoration forfaitaire, déi fir d'Kanner ugerechent gëtt, déi an engem Stot sinn. Do muss een dann och nach eng Kéier driwwer diskutéieren, iwwert dat vum Kannergeld.

An erlaabt mer och do, den Här President ass zwar elo eraus, mä ech wëll da beim Kanner-geld och nach op eppes zréckgoen, woumat ech lech och alleguerten heibannen esou lues wäert nerven. Mä et ass mer awer egal, ech wäert et awer nach wie vor repetéieren: 2014 hunn d'Gewerkschaften en Accord fonnt mat der Regierung, dass d'Kannergeld an d'Familljenzoulage regelméisseg sollten ugepasst ginn. Dat sollt déi éischte Kéier de Fall sinn den 1.1.2018.

Säit 2016 huet déi héich Kierperschaft den Avis dozou ofginn, och wann deen Avis net grad deen allerfeinsten an allerléifsten ass, mä et muss een awer feststellen, dass säitdem „still ruht der See“ ass. Mir haten och e Bréif geschiwwen un d'Familljekommissioun, fir doriwwer ze schwätzen. Dat ass net geschitt.

Mir hunn duerno d'Ausso gemaach kritt, dass de Ministère nach ëmmer géif op d'Donnéeë





waarde vun der Inspection générale de la sécurité sociale. An déi meescht vun lech haten d'Chance, d'Iescht Woch derbäi ze sinn, wéi ech de Sozialminister dat gefrot hunn. An do huet de Sozialminister geäntwert, d'IGSS hätt dat scho laang un de Ministère weiderginn. Dat hunn net ech gesot. Ech zitëiere just de Minister, deen dat d'Iescht Woch hei op dëser Tribün an der Froestonn geäntwert huet.

Dofir och do meng Fro: Vu dass dat jo och eng Roll spillt fir dat, wat beim RMG geschitt, well mer jo och do bei de Kanner a bei der Immunisation sinn, wëll ech wëssen, wéini de Projet de loi 7003 dann elo kënnt oder ob d'Regierung wëll esou huet, dee Projet zréckzezielen, well de Conseil d'État ënner anerem geschriwwen huet, dass dee Projet de loi superfétatoire wier.

Mä da muss ee sech jo d'Fro stellen, ob d'Regierung net misst zréckgoe bei hire Partner, mat deem se 2014 déi Arrangementen fonnt huet. Et ass op alle Fall komesch, wann een en Arrangement trifft an do huet ee sech engagéiert fir eppes an duerno mécht een dat net. Och dat gehéiert indirekt duerch d'Kannerbetreuung an der ganze Projet vum RMG mat eran.

Ech hunn dat nach eng Kéier gesot vun der Diskrepanz. Dat kënnt Der och nach eng Kéier noliessen, net nëmme meng Beispiller, déi ech lech elo virdru gesot hunn, mä Dir kënnt dat do och alles noliessen am éischten Avis vum Statsrot respektiv bei deenen eenzelne Beruffschamberen, déi och eng Kéier opgrond vun hire Rechebeispiller ganz kloer beweisen, dass e Verloscht entsteet; mat engem Ennerscheed, an ech wëll do kengem ze no trieden, déi hunn dat just mathematesch gekuckt. Ech hu gekuckt opgrond vu besteëndenen Dossier, déi et de Moment gëtt, wéi et mat deem ale Gesetz ass a wéi et mat deem neie Gesetz ass.

Madamm President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch deenen neien Immunisationssystem, wou virdru 30% immuniséiert gi si vum RMG, mä elo 25% vum Akommes, hu verschiddener vun deene Leit d'Chance, méi kënne schaffen ze goen an dann och méi Geld ze kréien.

Mä do läit och en anere Problem: Da muss och déi Méiglechkeet gebuede sinn, dass déi Leit hir Aarbechtsvertrag kënne änneren, dass déi Leit kënne méi schaffe goen. An et ass ganz oft esou, dass et Deelzäitvertrag sinn. A wann déi Leit froen, si géife gären de Vertrag verlängert kréien, da stelle se fest, dass d'Offer net do ass, fir dat kënne ze maachen. Dofir ass et och vläicht einfach ze soen, et muss een alles direkt kënne änneren. Mä et ass och bei deene Leit oft e Problem, dass net genuch Stonnen an de Betriber respektiv bei Privatstéit do sinn, fir déi Leit kënne weider ze beschäftegen.

Mir sinn och där Meinung, dass déi Aktivationsmesur vläicht um Ufank kënne en Effet hunn. Mä gläichzäiteg wäert ee sech awer d'Fro stellen, ob et net illusoresch ass ze mengen, dass déi 7,2% vun de Stéit, déi de Moment kenger Beschäftigung noginn, déi Méiglechkeet kréien, och wa mer elo hei esou schéi vun där neier berufflecher Agliderung geschwat hunn, déi soll kommen, a gläichzäiteg vun de Moosnamen, déi geschaaft (veuillez lire: déi ofgeschaaft) gi sinn, wéi, ech hunn et scho virdru gesot, de Stage en entreprise oder de Contrat subsidié. Mer sinn dann och amgaangen, eng Konkurrenz ze maache fir d'Solidarwirtschaft, déi de Moment schonn do ass, déi jo och esou Leit beschäftegt an och probéiert, déi Leit ze integréieren.

An ech sinn dann och e bësse verwonnert, dass dat elo als Allheilmittel dohinnergestallt gëtt. Well et muss ee jo wëssen, ier een dann am RMG ass, muss ee jo schonn ziewelef Méint bei der ADEM agedroe gewiescht sinn. Wann d'ADEM et virdru ziewelef Méint laang net fäerdegbruecht hat, déi Leit an eng Beschäftigung ze kréien, ier se an den RMG gefall sinn, muss ech lech soen, dann ass awer och schonn e Problem do bei der ADEM. An da muss ee sech och d'Fro stellen, firwat et dann déi ziewelef Méint gedauert huet.

An am Rapport, dee mer d'nächst Woch, wann ech dat richtig am Kapp hunn, heibannen diskutéieren iwwert de Bericht vum Ombudsmann oder der Ombudsfra, pardon, do gëtt...

► **Une voix.** - Et ass ëmmer Ombudsmann.

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Et ass ëmmer Ombudsmann... Okay, Dir hutt mech verstanen!

Och do gëtt ënnerstrach beim Kapitel vun der ADEM, dass bei der ADEM net genuch Leit sinn, fir d'Betreiung ze maachen, an dass de Koeffizient vun der Betreiung vun de Chômeuren ze héich wier. Hei soe mer elo, dass hei nach esou vill zousätzlech Saachen derbäikommen, a mir hunn awer elo schonn net déi Leit, fir där Situatioun beim RMG Rechnung ze droen.

En anere Problem, dee sech erauskristalliséiert, dat ass dee vun der Composition de ménage.

Och do haten déi héich Kierperschaft an och mir drop opmierksam gemaach - Dir musst dat jo wëssen -, dass, wann haut een den RMG kritt, et huet een zwee Kanner, déi an d'Schoul ginn, an op eemol huet eent d'Chance, et gëtt fäerdeg, et fänt u mat schaffen, no engem gewëssenen Delai dann dem Bouf oder dem Meedche säi Revenu mat agerechent gëtt fir de Revenu de ménage. An da kënnt et och alt emol vir, dass d'Mamm oder de Papp seet: „So, du hues besser, du gees net schaffen“, oder: „Sich der eng eege Wunneng“, an Dir wësst jo awer, um Wunnengsmaat ass et hei zu Lëtzebuerg net esou einfach, „well wann s du hei wunne bleifs, gëtt däi Revenu, deen s du elo kriss, matgerechent, fir den RMG ze kréien.“ An och do wier et wichteg gewiescht, eng Léisung ze fannen.

An do hu si jo net nëmme bei eis, mä och bei deenen anere Fraktiounen virgesprach, a virun allem och déi Institutionen, déi sech och ëm eis Immigrante bekëmmern, ëm eis Flüchtlinge bekëmmern, hunn drop higewisen, dass dat e Problem fir si ass, dass dann op eemol, wa se esou een ophuelen, déi Leit hir Rechter verlëieren, respektiv an deem anere Fall, wann een doheem wunne bleift iwwer eng länger Zäit, dass een och dann de Problem huet, dass d'Elteren dat dann do berücksichtegt kréien, wa se bis dohinner den RMG kritt hunn.

An et ass dat, wat mer awer och kritiséieren, dass mer do net zesumme gekuckt hunn, fir eng aner Léisung an en anere Moyaen ze fannen, well et louchen och do Proposen, mëndlech op alle Fall, mat um Dësch.

A wa mer do vum Wunne schwätzen, wëll ech och soen, mir musse jo och vun der Altersarmut schwätzen. Och wann d'Altersarmut net méi dee gréisste Problem ass, wéi dat nach bei der Aféierung vum Projet de Fall war, well d'Altersarmut opgrond vu verschiddenen Ännerungen, déi am Pensionssystem komm sinn, aneschtens ginn ass, an och well et zanter 1982 net méi méiglech ass, d'Suen ausbezuelt ze kréien, wat oft bei de Fraen zu Altersarmut gefouert huet. Si hunn d'Suen ausbezuelt kritt, fir d'Haus ze kafen am Stot. A wann et duerno schifgaangen ass, waren d'Sue fort an d'Haus mat. An dat ass mat deenen neien Dispositionen a fir all déi Leit, déi no 1984 ugefaangen hunn, net méi de Fall gewiescht. Op alle Fall sinn déi Suen dann nach do. Mä mir hunn och do nach ëmmer e Problem an dat läit och um Wunnen an och um Wunnengsmarché fir eis eeler Leit.

An do wëll ech och nach eng Kéier soen: Et geet eis jo net drëm, fir d'Mënschen ze bekämpfen - ech huele jo emol un, dass dat de Sënn vun der Politik ass -, mä fir d'Aarmut ze bekämpfen. An och do wier et wichteg, dass mer méi Better géife schafen. An dat huet nääscht mat Wunnengen ze dinn, mä dat huet mat Better ze dinn an den Alters- a Fleegeheimen. An och do sinn ech e bëssen iwwerrascht iwwer alles dat, wat elo am REVIS mat gesot ginn ass an och an den Debatten.

Dës Regierung huet vun 2013 bis 2017 - dat huet se an enger Question parlementaire u mech geäntwert - 600 Better geschaaft. Ech wëll do soen: Vun 2013 bis 2017 si wierklech 600 Better bäikomm, awer eleng 484 am Joer 2013. D'Joer 2013, ech sinn net méi ganz sécher, mä ech hat gemengt, bis de 5. Dezember 2013 wier nach eng CSV/LSAP-Regierung do gewiescht an et wier eréischt de 6. Dezember 2013 gewiescht, wou déi nei Regierung ugefaangen huet.

Wann also scho 484 Better eleng am Joer 2013 gemaach gi sinn, géif dat dozou féieren, no der Mathematik, esou wéi ech se emol nach an der Grondschoul oder an der Primärschoul geléiert hunn, dass duerno nach 116 Better geschafe gi sinn an de Joren 2014 bis 2017 nach mat.

An da muss ee sech awer do Froe stellen, wa mer do scho vum Alter schwätzen an dovun, dass mer och eppes maache fir déi Leit am Alter an deene Méiglechkeete ginn, da si mir der Meinung, a mir hunn dat ëmmer gesot an ech wäert dat och muer de Mëtten nach eng Kéier widerhuelen um fënnf vir sechs dorëmmer, wa mer beim Projet si fir d'Déifferdenger Altersheim, dass et wichteg ass, dass do eppes geschitt, an dass mer do elo wärend deene fënnf Joer also, wéi gesot, just 116 Better gemaach hunn.

A wann een dann och nach kuckt, wien déi Better geschaaft huet, da wäert een och nach feststellen, dass do och nach oft Privatleit derbäi sinn, Privatinstitutionen derbäi si wéi d'HPPA an och nach anerer, fir déi ze nennen, déi déi Better geschaaft hunn, an dass et do och wichteg wier - an dat géif och zu der Aarmutbekämpfung bäidroen -, wann déi Leit Wunnenge géife kréien zu anere Bedéngungen, wéi se de Moment hunn. A gläichzäiteg géifen aner Wunnenge fräi gi fir de Marché, och dat als Klammer, well och dat gehéiert mat an d'Diskussioun zu dem REVIS derbäi.

Madamm President, Dir Dammen an Dir Hären, des Weideren, an ech soen et nach eng Kéier, si mer der Meinung, dass déi nei Opdeelung, déi Koordinatioun tëschent ONIS, ADEM an all deenen aneren Administratiounen am Ufank ganz einfach a ganz gutt kléngt, mä dass mir der Meinung sinn, dass et, prozedural gesinn, vill méi e grouse Problem wäert ginn, well elo vill méi Administratiounen matenee verbonne sinn.

An déi Gemengemammen an déi Gemengepappen, déi heibanne sinn, déi wësse jo schonn, wat se alles amgaange sinn an hiren Office-socialle mussen ze ännere fir déi nei Aufgaben, déi do op si - net direkt, mä indirekt - zoukommen, fir déi Büroen esou auszestafféieren, soudass nach méi Personal Plaz huet, fir dat do op där Plaz ze maachen. Et muss ee sech also och do d'Fro stellen, ob dat de richtige Wee ass, fir an déi Richtung ze goen, ob et net besser gewiescht wier, do e Guichet unique ze schafen. E Guichet unique, deen net nëmme an eiser Diskussioun mat dra war, mä wou och déi héich Kierperschaft ugedeit hat, dass et wichteg wier, fir och do ze kucken, fir e Guichet unique ze kréien, fir kënne all deene Mesurë Rechnung ze droen.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir verstitt also, dass d'CSV dësem Projet d'Zoustëmmung net ka ginn, well mer eben net averstane si mat all deene Punkten, déi ech lech elo grad erkläert hunn. A wann Der nach méi Informatiounen wëllt, also wéi gesot, d'Dokumentatioun vun 1986 ass nach an den Archive vun der Chamber erëmfannen. Da wier et net schlecht, wann Der lech dat alles géift uliese goen, well do gesäit een déi interessantste Saachen an déi interessantste Virschléi.

A falls wierklech den Avant-projet de loi vun 2013 vun där aler Regierung - wat déi wëlls hat ze maache beim RMG -, wann dee wierklech komplett verschwonnen ass an néierens méi opzedreiw ass: Also ech hu kee Problem, ech hunn nach eng Kopie dovun, an och vun der Stellungnam vum Sozialministère. Wann Der déi an de Ministère net erëmfant, da kënnt Der mir uruffen, ech kann lech nach eng Kopie ginn.

An da kann een och do kucken, wat déi fréier Regierung wëlls hat an dass et net esou ass, dass déi fréier Regierung iwwerhaapt keng Idien hat, fir an där Matière do virzegoen, mä dass dat och schonn alles an der Prozedur war, dass mer ebe just net méi d'Geleeënheet kritt hunn, aus deenen Ursaachen, déi mer all kennen, fir dat dann och duerno kënne an d'Tat ëmzesetzen.

Dat alles gesot, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech lech och soen, dass ech eng Motioun deposéieren. Ech hu se de Moment eleng ënnerschriwwen. Mä Dir kënnt zouversichtlech sinn, dass ech bei deenen 23 CSV-Deputéierten der nach véier fannen. Mä et kéint jo emol vläicht sinn, dass och nach aner Fraktiounen heibanen déi Motioun mat deelen. Et geet drëm, dass mer no zwee Joer sollen eng Analys maachen an dass et dann och wichteg wier, Ännerungen virzehuelen um REVIS. An et geet awer gläichzäiteg drëm, dass mer sollen driwwer nodenken, e Guichet unique fir alleguerten déi Leit an de Service unique ze kreéieren.

Wann ech gelift, Madamm Presidentin.

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *notant que le projet de loi en question instaure un revenu d'inclusion sociale (ci-après REVIS);*

- *sachant que la structuration institutionnelle et administrative de la mise en œuvre du REVIS et du suivi des demandeurs est très complexe;*

- *considérant que le nouveau système initié par le projet de loi implique une multitude d'acteurs et interlocuteurs;*

- *notant que le Conseil d'État dans son avis en date du 20 mars 2018 fait souligner que «le dispositif, tel que prévu par le projet sous examen, présente une complexité certaine dans la mesure où le demandeur du REVIS, socialement et financièrement fragilisé, se retrouvera entre le Fonds, à qui il devra s'adresser pour faire sa demande, l'ADEM, qui sera chargée d'établir son profil socioprofessionnel, l'ONIS, qui coordonnera les mesures d'activation sociale, les agents régionaux d'inclusion sociale évoluant sous les offices sociaux qui assureront sur le terrain la mise en œuvre de ces mesures, ainsi que toutes les autres instances qui interviendront dans la détermination des paramètres du dossier de demande et de suivi des bénéficiaires du REVIS, et finalement, le Fonds pour le calcul des montants du REVIS et sa liquidation»;*

- *constatant que le Conseil d'État demande dans le même avis de prévoir la création d'un véritable «guichet unique» pour les demandes et le suivi des demandeurs du REVIS;*

- *convaincue qu'il faut établir un système cohérent entre les différents dispositifs mis en place*

*afin d'en assurer une meilleure compréhension pour les demandeurs concernés;*

- *soulignant que les nouveaux dispositifs devraient accomplir de façon efficiente leurs fonctions et missions;*

*invite le Gouvernement*

- *à présenter à la Chambre des Députés au plus tard deux ans après la mise en vigueur de la loi une évaluation du revenu d'inclusion sociale;*

- *à procéder, le cas échéant, à la création d'un guichet unique.*

(s.) Marc Spautz.

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Merci, Här Spautz.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- A wa keen anere méi do ass, sot Der mer Bescheed, da bréngen ech lech déi fënnf Leit, fir se ze ënnerschriwwen.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Ee geet duer.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, Présidente de séance.- Merci, Här Spautz. Ech ginn lech Akt vun Ärem Depot. Als nächste Riedner hunn ech den Här Gilles Baum ageschriwwen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Madamm Presidentin, Kolleginnen a Kollegen, mat dësem Gesetz iwwerschreide mer haut de Mëtteg eng weider wichteg Etapp vun enger globaler Politik, déi et zum Zil huet, géint d'Aarmut a géint déi sozial Ausgrenzung virzegoen, déi de Leit ënnert d'Äerm gräift, deene Leit, déi Hëllef brauchen, mat geziilte Mesurë géint d'Aarmut an och ganz besonnesch géint d'Kanneraarmut.

Do niewendru ginn et cibléiert Sozialleeschungen, an dat besonnesch fir elengerzéiend Elteren an hir Kanner. Eppes virop: De REVIS ass keng Stigmatisatioun. De REVIS ass eng Hëllef a mir huelen d'Leit do of, wou se stinn. Mam REVIS gëtt gekuckt, wat d'Leit kënne, wat d'Leit brauchen, wat fir Kompetenze si hunn, awer och, wat fir eng Problemer dass d'Leit kënne hunn.

Mir wëlle kee lénks leie loossen a mir wëlle jiddwerengem Hëllef ubidden, deen Hëllef brauch. Mir mussen d'Leit ënnerstëtzen, fir dass och si en Deel vun der Gesellschaft kënne bleiwen. Mir mussen d'Leit ënnerstëtzen, sief dat duerch Formatiounen oder sozial an therapeutesch Mesuren.

Wann d'Leit bei der ADEM respektiv um Aarbechtsmaat net Fouss kënne faassen, dann ass et, well se Schwächten hunn, déi esou grouss sinn, dass se en Hindernis sinn, fir si op den Aarbechtsmaat ze integréieren. Duerfir ass et wichteg, dass déi Leit duerch vill méi sozial encadréiert an orientéiert Mesuren erëm sozial stabiliséiert ginn, fir dann erëm de Wee an d'Aarbechtswelt kënne zréckzefannen.

D'Mesurë vum REVIS kann ee vergläiche mat engem Haus mat verschiddene Stäck: Um éischte Stack géift Der den ONIS fannen, um zweete Stack d'ADEM an um drëtten Stack den Aarbechtsmaat. Um Rez-de-chaussée gëtt vun all Persoun de Profil gemaach, vun hire Kompetenzen, an et gëtt och gekuckt, wat fir eng Problemer dass d'Leit hunn, fir hinnen ze hëllefen. Dat kënne psychesch Problemer sinn, dat kënne Drogeproblemer oder Alkoholproblemer sinn. Duerno gëtt dann decidéiert, ob déi Persoun kann op den éischte Stack kommen, dat heescht bei den ONIS, oder op den zweete Stack bei d'ADEM.

Wann een um éischte Stack ass an et ass een en fin de mesure, wann een ofgeschloss huet mat deem, wat engem ugebuede ginn ass, dat heescht net onbedéngt, dass ee muss dann op den Aarbechtsmarché kommen. Neen, et kann duerchaus sinn, dass een och weider kann an enger Mesure betreit ginn. Et heescht also net onbedéngt, dass d'Enn vun enger Mesure beideit, dass ee muss op de Marché (veuillez lire: op den éischten Aarbechtsmarché) kommen.

Wann ee ka schaffen, wann d'Gesondheet et erlaabt, da sollt een op der ADEM an eng Mesure kommen, déi et erméiglecht, e Beruff ze léieren oder eng Formatioun ze maachen, fir dass een op den Aarbechtsmarché kënnt.

Mir wëllen net, dass d'Leit doheem bleiwen, dass se eleng bleiwen an d'Gefill hunn, net zu der Gesellschaft derzougeheieren. Den ONIS proposéiert duerfir eng Mesure d'activation, déi bei ee passt, well mer der Meinung sinn, dass jiddwereen eppes zu eiser Gesellschaft ka





bäidroen. Aktivéieren, dat heescht, owes eppes doheem ze erzielen hunn, dat heescht awer och, eppes erlieft ze hunn. An ech mengen, et ass einfach ganz valorisant, wann een eppes mécht.

D'Aktivatioun ass awer och, sech Hëllef loos-sen, wann een Hëllef brauch, bei engem psychesche Problem, bei engem Drogeproblem, bei engem Alkoholproblem. D'Aktivatioun, dat kann awer och e Sproochecours sinn, zum Beispill fir e Refugié, deen nei am Land ass. An et ass d'Qualitéit vum Encadrement, déi ausschlaggebend ass fir d'Reussite vun enger Mesure.

D'Mesurë bei der ADEM sinn net sozial enca-dréiert. Do ass e Viraarbechter, deen de Leit d'Handwierk souzesoe bäibréngt. Beim ONIS sinn awer Psychologen, Educateuren, ARISe mat um Wierk, fir d'Leit ze stabiliséieren. A grad an déi dote Qualitéit wëlle mir massiv investéieren.

Déi Jonk ënner 25 Joer si bewosst net am REVIS, well mir wëllen déi Jonk net incitéieren, mat der Schoul ofzebriechen. Mir wëllen deene Jonke keng falsch Incentive ginn. A mir hätte gär, dass déi Jonk alleguerten en Ofschloss maachen, fir herno kënnen an de Beruff eranzegoen, an dass se kënnen eppes léieren.

Fir déi Jonk gëtt et eng ganz Rei aner Encadrementsmesuren:

Fir d'Éischt emol d'Garantie pour la jeunesse. D'Garantie pour la jeunesse, dat ass en Zesummespill tëschent der ADEM an dem SNJ, déi probéieren, deene Jonken, déi am Chômage sinn, ze hëllefen, hire Wee ze fannen. An déi Partner, déi engagéiere sech, soubal wéi ee sech ageschriwwen huet, an Zäit vu véier Méint deene Jonken eng richteg Perspektiv ze bidde fir hir Zukunft. Och wann d'Garantie pour la jeunesse net onbedéngt eng Aarbecht verspricht, esou verspricht se awer eng individuell Betreierung, eng individuell Prise en charge, déi op Mesure an op d'Perséinlechkeet vun deem Jonke sur mesure adaptéiert ass.

Da gëtt et nach de Contrat d'initiation à l'emploi vun der ADEM. Deen huet zum Objektiv, deene Jonke während der Aarbechtszäit eng praktesch Formatioun ze ginn, fir se kënnen um Aarbechtsmarché ze integréieren.

Da gëtt et d'Maison de l'orientation. Do sinn eng ganz Rei Spezialisten, déi zesummeschaffen. Déi Servicer sinn alleguerten an engem Haus regroupéiert, kënnen sech also deemno beschlüssen austauschen, fir nom Interêt vun der Persoun, hire Capacitéiten, hire Kompetenz se ze informéieren iwwert déi Formatiounen, déi se kéint maachen, déi Formatiounen, déi op si zougeschnidde wären.

Ee Wuert och zu de Montante vum RMG. Schaffe muss sech nees lounen, mä och déi Leit, déi net op den éischten Aarbechtsmarché kënnen kommen, mussen gehollef kréien. De REVIS schafft reell Incentiven. Den aktuelle System motivéiert d'Leit net wierklech, fir vum RMG lasszekommen. Am Moment ass et esou, dass eng Aktivatioun vun 10 Stonnen am RMG quasi datselwecht bréngt wéi eng Aktivatioun vun 20 Stonnen.

De Sënn vum REVIS dierf et net sinn, déi Betreffen dauerhaft ofhängeg ze maachen, mä hinne reell Optiounen unzëbidden, wéi si erëm Fouss faassen um Aarbechtsmarché a wéi si hiert Liewe kënnen selbstänneg erëm an de Grapp huelen. Duerfir gi positiv Incentive geschafft, fir dass d'Leit och erëm motivéiert ginn, fir ze schaffen. Och fir déi sozial Inklusioun ass et wichteg, dass d'Leit eng Beschäftegung hunn. Schaffen heescht näamlech net nëmmen, Suen ze verdéngen, mä schaffen ass och, en Deel vun eppes ze sinn, sozial Kontakter ze fleggen an och eppes zu der Gesellschaft kënnen bäizedroen.

Huele mer elo zum Beispill de Fall vun enger elengerzéiender Persoun, also engem Stot vun engem Erwuessene mat zwee Kanner zum Beispill. Mam REVIS wäert déi Persoun bal 420 Euro méi zegutt hu wéi virdu, wa si 40 Stonne schafft respektiv aktivéiert gëtt.

Ausserdeem wäert et och esou sinn, an dat ass mer immens wichteg, dass deen zweeten Erwuessenen am Stot wäert kënnen schaffen goen. Mam RMG war et jo esou, dass d'Aktivatioun vun der zweeter Persoun mat sech bruecht huet, dass se de Plaffong vum Barème erreecht oder iwwerschritt huet. Domadder sinn zu engem ganz groussen Deel Fraen an der Ofhängegkeet an an der Aarmut gehale ginn. Dat gëtt elo ofgeschafft. Domat ass elo Schluss!

An deem Kontext muss een awer och vun engem Budget de référence schwätzen. Eng

Etüd vum Statec huet d'Grondbesoinen identifizéiert, déi eng Persoun oder e Stot brauch, fir kënnen aktiv un der Gesellschaft deelzehuelen. D'Etüd ass der Fro och nogaangen, wat eng Persoun oder e Stot brauch, fir kënnen en einfach, mä e sozial aktiiv Liewen zu Lëtzebuerg ze féieren.

An deem Kontext ass et ganz wichteg ze ënnersträichen, dass een de REVIS net dierf isoléiert kucken, mä et muss een de REVIS kucken am Package mat enger ganzer Rei vun aneren Transferleeschungen: d'Allocation de vie chère zum Beispill, déi reforméiert ginn ass a wou elo vill méi Leit dierfen drop zrëckgräifen, d'Subvention de loyer och, déi lassgekoppelt ginn ass vum REVIS, wann eng Persoun e Loyer bezilt.

Ech denken och un déi gratis Kannerbetreierung fir d'Kanner vun engem bis véier Joer. Dat sinn 20 Stonnen d'Woch, wa se d'Formation plurilingue matmaachen, an déi Leit, déi finanziell net esou gutt gestallt sinn, déi kënnen souguer bis zu 30 Stonnen d'Woch vun dëser Mesure profitéieren. Dann hu mer natierlech och nach déi gratis Schoulbicher fir déi méi Grouss, an d'Méiglechkeet fir d'Persoun, fir och vum öffentliche Transport ze profitéieren, an zwar gratis.

E besonneschen Akzent gëtt awer och op Famillje mat Kanner geluecht, an hei besonnesch déi Elengerzéiend, déi deem gréissten Aarmutsrisiko an eiser Gesellschaft ënnerleien. D'Part enfant vum REVIS gëtt ganz daitlech eropgesat.

Madamm Presidentin, déi heite Majoritéit an der Chamber an an der Regierung huet vum Ufank vun der Legislatur un dräi grouss Ziler verfollegt: eng familijefrëndlech Politik, gekennzeechent duerch eng ausgepräagte Sozialpolitik, méi Steiergerechtegkeet duerch déi duerchgefouert Steuerreform, an: Dës Majoritéit an der Chamber gëtt elo och de Leit, déi am RMG waren, d'Méiglechkeet, méi Suen ze verdéngen. Dat nennt ee Leeschtungsgerechtegkeet!

Sozial Gerechtegkeet, Steiergerechtegkeet, Leeschtungsgerechtegkeet: Ech mengen, dës DP-LSAP-Gréng-Koalitioun huet hir Hausaufgaben um Niveau vun der Sozialpolitik gemaach an dat méi wéi erreecht.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Baum (DP).**- Just ee Wuert, fir dem Kolleg Marc Spautz Merci ze soe fir dee Luef, deen e mer ginn huet: Dat deet natierlech ëmmer gutt, Här Spautz. Et war awer net esou, dass ech d'Impressioun hat, dass mer an der Kommissioun esou geraibert hätten. Et war heiansdo animéiert, mä ech sinn net esou empfindlech. Do kënnt Der berouegt sinn!

Ee Wuert och nach just zum Statsrot: De Fait, dass ech beim Statsrot war, huet eis einfach erlaabt, fir méi séier Kloeerheet ze kréien, fir méi séier mat deem Gesetzestext weiderzekommen, duerchzekommen. Dir kënnt lech erënnere: Ee streidege Punkt war zum Beispill d'Commission nationale pour la protection des données, wou mer net genau woussten, a wat fir eng Richtung dass mer do géife goen. Ech géif awer vun dëser Plaz aus den Hären an Dammen aus dem Statsrot, déi derbäi ware bei där Sëtzung, ee ganz, ganz grouse Merci soen.

E ganz grouse Merci wéilt ech awer och alle Kommissiounsmembere soen, déi ganz aktiv an op eng ganz fair Aart a Weis un deem Projet matgeschafft hunn. E ganz grouse Merci och un d'Madamm Weinand, un den Här Bissener an un d'Madamm Heuertz vum Familljeministère, déi a quasi alle Sëtzungen derbäi waren a mat hirer Kompetenz an hirem Wëssen eis awer an deenen engen oder anere Situatiounen konnte ganz wichteg Erklärungen ginn.

Zu gudder Lescht och e Merci un den Här Jean-Paul Bever, dee wéi ëmmer ganz, ganz fläisseg geschafft huet, fir dëse Rapport fäerdeg ze kréien, well, ech mengen, mir wëssen alleguerten, dass mer an alleguerten de Kommissiounen um Enn vun der Legislaturperiod awer trotzdem ënner Zäitdruck sinn.

Domadder géif ech lech alleguerten heibanne Merci soen an ech géif och dann den Accord vun der Demokratescher Partei zum REVIS ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- An d'Motioun nach vläicht.

► **M. Gilles Baum (DP).**- An eier ech fortginn - im Eifer des Gefechts -, géif ech gär, den Madamm Presidentin eng Motioun hannerleeën, déi sech bal grefféiert op déi, déi hannerluecht ginn ass vun de Kollege vun der CSV. Mir proposéieren, no dräi Joer den Dispositif vum REVIS ze analyséieren an dann eventuell Amendementer ze maachen. Ech mengen,...

► **Une voix.**- Mir sinn eis eens.

► **M. Gilles Baum (DP).**- Ech mengen, Här Spautz, mir ginn eis mat deenen zwou Motiounen hei eens. Voilà, wann ech gelift.

## Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- que le projet de loi n°7113 relatif au Revenu d'inclusion sociale (REVIS) vise à redynamiser le dispositif du Revenu minimum garanti (RMG),*

*- que le REVIS tient compte de certaines difficultés d'application nécessitant davantage de précisions, respectivement une simplification de la structuration des prestations,*

*- que le REVIS entend lutter contre l'exclusion sociale en assurant des moyens suffisants d'existence et des mesures d'activation professionnelle et sociale,*

*- que le REVIS vise à soutenir de manière ciblée les groupes socio-économiques les plus vulnérables, notamment les familles avec enfants et les familles monoparentales qui connaissent un risque de pauvreté grandissant,*

*- que le REVIS améliore la cohérence entre les politiques d'activation sociale et d'insertion au marché de travail,*

*- que le REVIS vise la pleine participation des bénéficiaires à tous les aspects de la vie en société,*

*- que l'accompagnement des bénéficiaires du REVIS dans le respect de leurs compétences et de leur situation personnelle nécessite des mesures d'activation ciblées et adaptées aux besoins des bénéficiaires,*

*- que la réussite des mesures d'activation reposera sur la qualité de l'encadrement des bénéficiaires,*

*- que les objectifs du REVIS ne peuvent être atteints que si le dispositif est régulièrement adapté aux réalités économiques et sociales,*

*invite le Gouvernement*

*- à dresser une évaluation du nouveau dispositif REVIS après une période de trois années,*

*- à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation.*

(s.) Gilles Baum, Taina Bofferding, Claude Lamberty, Sam Tanson.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci.

► **M. Gilles Baum (DP).**- Den Här Halsdorf huet just proposéiert: dräi plus zwee. Ass et esou? Et ass gutt! Et ass an der Rei. Merci.

(Brouhaha)

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci dem Här Baum. Ech ginn Akt vun dem Depot vun Ärer Motioun. An als nächst Riednerin hunn ech d'Madamm Taina Bofferding ageschriwwen. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Taina Bofferding (LSAP).**- Merci. Dir Dammen an Dir Hären, eng effikass Aarmutsbekämpfung, méi Sue fir d'Familljen, zousätzlech Ennerstëtzung fir elengerzéiend Familljen a geziilt Mesurë fir eng besser Integratioun an d'Gesellschaft an an den Aarbechtsmarché, dat verspricht d'Reform vum RMG.

De Kampf géint den Aarmutsrisiko an d'Ongläichheeten, dat ass e permanenten, och fir e Land wéi Lëtzebuerg mat engem héije Wuelstand, well vill Leit befanne sech a prekäre Situatiounen, sief dat, well se keng Aarbecht hunn, se weéng verdéngen, nom Ofzéie vum Loyer Enn des Mounts näischt méi iwwreg ass, oder denke mer nach un déi Leit, déi iwwerhaapt guer keen Daach iwwert dem Kapp hunn.

Dat bréngt mat sech, dass et ëmmer eng Rei Leit gëtt, a leider och ëmmer méi, déi zrëckbleiwen an op Hëllef vun der Gesellschaft zäitweilleg oder dauerhaft ugewise sinn. Esou villfältig wéi och d'Facettë vun der Aarmut an der Prekaritéit sinn, esou verschidde mussen och hir Léisunge sinn.

Den RMG ass fir eis Sozialisten e wichtege Moyen zur Aarmutsbekämpfung. D'Zil dovunner ass et eben, deene Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, deenen hiert Akommes ënner engem bestëmmten Existenzminimum läit. Den RMG ass eng Ergänzung vun engem dach schonns ganz knappen Haushaltsbudget. D'Caritas weist ëmmer erëm, an dat zu Recht, an hire Publikatiounen drop hin, dass et „een RMG-Empfänger“ oder souzesoen „deen RMG-Empfänger“ iwwerhaapt net gëtt. Villméi geet et ëm d'Notzëisser vun enger Allocation complémentaire oder enger Indemnité d'insertion.

Den RMG bezeechent de Montant, de Seuil, ënnert dee kee fale soll. Et ass dat lescht sozialt Netz, wat verhënnere soll, dass Leit mat engem niddregen Akommes an d'Aarmut falen, well aarm trotz Aarbecht ass fir vill Leit leider eng Realitéit. Mir schwätzen haut iwwer

Leit a ganz besonnesch iwwer hir Situatioun, déi wuel kaum ee vun eis heibanne kennt, sécherlech awer deen een oder anere Concernéierten.

Wat bedeit et eigentlech, mam RMG mussen ze liewen? Där Fro ass d'„Stëmm vun der Strooss“ d'lescht Joer an hirer Juli-Ausgab nogaangen. An ech wëll elo gär, en Extrait aus där Ausgab zitéieren, fir dass jiddweree sech e Bild kann driwwer maachen, iwwer wat mer iwwerhaapt hei schwätzen, a well ech och gär mat de Prejugéë wëll opräumen, deenen dach leider allze oft déi Concernéiert eben ausgesat sinn.

Ech zitéieren hei aus engem Temoignage vun engem, deen hei eben en Artikel aus där Ausgab geschriwwen huet: „Eigentlech ass d'Liewe mam RMG en éiwege Kampf. Fir d'Éischt kämpft een ëm d'Iwwerliewen, well de soziale Minimum geet net duer, fir ze iwwerliewen. All Dag muss ee sech upassen. Bei sengen Ausgaben dierf een d'Grenzen net iwwerschreiden. All Dag muss een derfir suergen, dass ee gesond bleift, well onnéideg Ausgabe wéi zum Beispill Dokterrechnungen dierf een op kee Fall hunn. All Kéiers, wann dann eben d'Joresofrechnung fir Heizung, Strom an esou weider kennt, muss ee sech de Kapp zerbréchen, wéi een et soll maachen, fir eben net a Versuch ze kommen.“

E weideren Temoin seet, dass eng Majoritéit sech dach beméit, esou weéng wéi néideg vum System kënnen ofhängeg ze sinn an esou schnell, wéi et nëmme méiglech ass, och erëm en normalt Liewen, Aarbechtsliewe kënnen ze féieren. An aus eegener Erfahrung bestätegt hei den Auteur vun dësem Artikel, kann e bestätegen, dass vill Diere sech verschléissen, déi vläicht fir déi soi-disant „normal Leit“ éischer eng Selbstverständlechkeet sinn a fir déi méi breet op sinn.

En zitéiert hei d'Beispill vum Logement, dass et dach eng Schan wär, wann een d'Annoncé kuckt, dass oft do ze liese wär «RMG s'abstenir s'il vous plaît». E weidert Beispill gëtt och den Auteur vun dësem Artikel, dat bei der Sich no der Aarbecht, dee seet, dass et extrem schwieereg wär, eben um regulären Aarbechtsmarché eng fest Aarbechtsplaz ze fannen, well souguer wann een d'Chance hätt, emol an en Entretien geruff ze ginn, spëtstens dann, wann ee géif soen, dass een eng Zäit am RMG war oder et nach ass, da ganz séier erëm d'Dier zouge-maach géif ginn.

Kolleginnen a Kollegen, fir eis Sozialisten ass den RMG net als Almosen ze betruechten, mä als eng Aide a sozialer Nout, en noutwendegen Outil, fir d'Cohésion sociale an och déi sozial Inklusioun ze garantéieren. Oder fir et mat de Wieder auszedrécke vun engem ehemolege Fraktiounsspriecher bei der Debatt, wou déi leschte Kéier Modifikatiounen um RMGs-Gesetz gemaach gi sinn - an, Här Spautz, Dir sidd net deen Eenzege, deen an den Archive gewullt huet; vläicht wann ech elo d'Zäit bréngen, wësst Der, wien dermat gemengt ass -:

„D'Gesetz schützt eigentlech d'Minoritéit viru gewëssener Arroganz oder krassem Egoismus vun deenen, déi vläicht net déi Sensibilitéit vis-à-vis vu Leit an Nout hunn.“ Et war kee Geréngere wéi den deemolege Fraktiounsspriecher Mars Di Bartolomeo, aktuelle Chamberspresident.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- En héiert doudsécher. Fuert virun!

► **Mme Taina Bofferding (LSAP).**- Fir all deene soziale Situatiounen Rechnung ze droen, an dat gouf och scho virdu, e puermol erwäant, ass d'Gesetz vu '86 ëmmer erëm ugepasst ginn. An och haut ass et Zäit fir eng weider Reform. Fir eis ass et wichteg, dass net einfach d'Verpackung, also den Numm, changeiert, mä dass et zu grondleeënde Change-menter kënnt.

Och wa mer bedauern, dass bei der Neibenennung déi géigewäerteg Logik transforméiert gouf, insofern déi nei Bezeechnung sech net méi op d'Verpflichtung vum Stat berëfft, deem Schwächsten eng minimal Existenzgrondlag zouzesécheren, esou begrësse mir alles an allem awer d'Reform, virun allem well de Fokus vun der Sozialleeschung op der Inklusioun steet.

D'Reform beinhalt, wéi gesot, eng Rei vu grondleeënde Verbesserungen géigeniwwer der aktueller Legislatioun. An dofir hat jo och d'LSAP Nobesserungen gefuerdert.

Op d'Schwaachstelle vum aktuelle System wäert eng elo net méi wëllen agoen. Ech mengen, d'Virriedner hunn dat schonn ausféierlech gemaach. Dat erlaabt et mer, op déi Punkten anzegoen, déi fir meng Fraktioun wichteg sinn a wou mer gesinn, dass dat wierklech grondleeënd Verbesserungen sinn, déi sécherlech de Leit an deene spezifesch Fäll wäerten hëllefen.





Eng grousse Verbesserung ass fir eis sécherlech déi, dass d’Kanner nach méi wäerten am Stot consideréiert ginn. Et gëtt e Forfait pro Kand basierend op 30% vum Basismontant, deen eng Persoun kritt. Dat sinn ëmgeréicht 217,70 Euro. Fir e Kand an engem Elengerzéierstot sinn dat 40%, an dat sinn ëmgeréicht 282,62 Euro. Derbäi kënn dann nach dee méi héije Montant fir d’Fraise vum Menage, wa Kanner am Stot sinn.

Eis ass et wichteg, dass d’Familljen, also déi Menagé mat Kanner, a ganz besonnesch déi Elengerzéiend nach méi spezifesch Ënnerstützung kréien, well grad besonnesch des engem méi grousse Aarmutrisiko ausgesat ginn.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Här President, eng weider wichteg Ännerung ass den neie Berechnungsmechanismus. D’Beneficiairen, déi hir beruflech Aktivitéit wëlen eropsetzen, ginn an Zukunft fir des Méiaarbecht belount respektiv weider entlount. Bis elo ass et esou, dass den RMGist, also een, dee schafft, keng wirklech finanziell Virdeeler dovunner hat, fir kënne seng Stonnen eropzeschrauwen, well en ëmmer nëmmen op de Montant vum RMG an op 30% konnt kommen. All Euro, deen en op där enger Säit méi verdéngt huet, ass em op där anerer Säit beim Complement erëm ewechgeholl ginn. Dir gesitt also: D’Motivation, fir méi schaffen ze goen, war deemno zimlech geréng.

Mä genau hei louch och de Schwaachpunkt vun der Reform, well net all Menage géif méi Leeschtungen erhalten. Leit, déi schaffen an de Complement kréien, awer net kënne Vollzäit schaffen, aus wéi engem Grond och ëmmer, sief dat elo aus familiären oder gesondheetleche Grënn oder well de Patron einfach kee Fulltime-Job fir si huet, wärend d’Verléierer vun dëser Reform gewiescht. D’Leeddrend wärend zum Beispill Elengerzéier, also en Erwuessene mat engem Kand, deen en hallwe Mindestloun verdéngt. Dat wärend ongeféier 50 Euro de Mount manner gewiescht.

Wéi den éischten Entwurf vum Projet de loi um Dësch louch, hunn ech drop opmierksam gemaach an Nobesserunge gefuerdert. An ech si frou, dass de Projet de loi deemno nach eng Kéier nogebessert gouf. Et ass also keng Schan, fir e Projet en cours de route nach eemol ze amendéieren, besonnesch dann, wa sech konkret Schwaachstellen erausschielen.

Elo ginn - an ech mengen, dat ass wirklech positiv - d’Famillje mat Kanner nach méi geziilt ënnerstëtzt. Genau schwätze mer hei vun 105 Euro, déi e Menage mat engem - also mindestens engem - Kand zousätzlech ka kréien. Doduerch sinn d’Montanten ausgeglaacht. Dat heescht, déi Menagé verléieren am Verglach zu haut näischt a kréie souguer nach en Deel méi bäi.

Dofir, wéi gesot: E ganz wichtigen Aspekt vun dëser Reform ass fir eis eben, dass d’Kanner nach méi staark berücksichtegt ginn.

Eng weider wichteg Verbesserung ass, dass an Zukunft an engem Stot mat méi engem RMG-Bezéier méi wéi eng erwuesse Persoun eng Mesure kann notzen. A virdrun huet den Här Baum, mengen ech, et schonn ugeschwat, dass des Neiregelung ganz besonnesch de Frae wäert zeguttkommen, déi bis elo oft zur Inaktivitéit verdonnert goufen, well hire Liewenspartner, hire Mann, wéi och ëmmer, oft an de Genoss vun esou enger zilorientierter Ënnerstützung komm war a si da leider net déi Méiglechkeet haten.

Dofir ass et absolutt noutwendeg, an dat ass fir eis Sozialisten e ganz wesentleche Punkt, dass mer och genuch géiegent sozial a beruflech Begleedungsmesurë fir all déi Betraffe bereet hunn, well domadder steet oder fällt d’Reform. Mir hoffen natierlech, dass mer genuch där Mesuren hunn. An dofir spillen och hei déi jeeweileg Verwaltungen eng ganz wichteg Roll, déi jo och mat der Reform nei Oplagen nach kréien.

D’Reform strieft eng besser Kohärenz tëschent der ADEM an dem SNAS, also respektiv dem neien ONIS, un, an eisen Aen eng absolutt Noutwendegkeet fir eng administrativ Vereinfachung an och fir méi Transparenz.

D’Zesummenaarbecht tëscht der ADEM an dem SNAS ass e grouse Kritikpunkt am aktuelle System. Dat ass och ee Punkt, op deen a ganz villen Avisa vun de Beruffskummeren ëmmer erëm higewise ginn ass. An och d’Auteuren, déi ech virdrun hei zitëiert hunn an där Publikation vum der „Stëmm vun der Strooss“, weisen drop hin, dass aus hirer Erfahrung se oft vun engem Service bei deen nächste geschéckt ginn, dass se oft Gäng musse maachen, déi eigentlech onnëtz sinn, dass et oft zu Double emploi a Mëssverständnisse kënn, déi definitiv ze evitéiere wärend.

Eng besser Zesummenaarbecht wäert Erliichtungen mat sech bréngen, mä trotzdem, ech mengen, däss musse mer eis och alleguerte bewosst sinn, bleift et nach ëmmer keng einfach Situatioun fir déi Leit, déi eben an esou engem Fall sinn, fir déi betraffe Leit.

An och hei, erlaabt mer, lech nach en Extrait virzeliesen, well en am Fong geholl genau dat e bëssen op de Punkt bréngt a weist, wéi schwierig et dach eigentlech ass an dass et net esou roseg ass, wéi d’Leit sech dat dobauss virstellen. Ech zitëieren: „Engersäits gëtt vun engem verlaangt, dass de dech wéi en Erwuessene muss behuelen an all néideg Dokumenter muss besuergen, grad an deem Moment, wou s de panesch Angscht hues, fir an eng Administratioun ze goen. Anerersäits gëss de entmündegt an all eenzelne Schrëtt vun dir gëtt kontrolléiert.“

E weideren Auteur schreift - an domadder wëll ech dann och mam leschten Zitat ophalen - awer och ganz interessant, well en et och an engem Saz eigentlech op de Punkt bréngt, wann e seet: „Zum Schluss stees de souzese plakeg am Reen. Fir den hëllefende Beamte jiddefalls bass de komplett transparent, duerchsiichteg. An dat ass fir keen eng agreabel Situatioun.“

Dofir, Dir Dammen an Dir Hären, och dëst weist, dass d’REVIS-Bezéier eben och an Zukunft nach méi genue betreit musse ginn, entsprechend hirer perséinlecher Situatioun, hire Besoinen an hire Kompetenzen. Virgesinn ass e breede Spektrum un Offeren zur Stabiliséierung vun der gesondheetlecher, psychescher a familiärer Situatioun, iwwer gemengnëtzeg Aarbechte bis zur Schoulung a Formation continue als lescht Stuf virun der Integratioun an de regulären Aarbechtsmarché.

E weidere grouse Punkt an der Reform, Här President, ass d’Aktivéierung vun de Beneficiairen. Woubäi, mengen ech, de Choix vun de Wiedererlicht den Androck vermittelt, dass d’RMG- respektiv d’REVIS-Bezéier aktivéiert misste ginn, wëllt heeschen, dass se inaktiv respektiv vläicht liddereg wärend oder just vum System géife profitéieren. „Responsabiliséieren“, dat klängt e bëssen esou, wéi wa si selwer un hirer Aarmut Schold wärend. De Sproochgebrauch riskéiert, d’Virueteeler géigeniwwer den RMG- an de REVIS-Bezéier nach méi ze verstärken.

Dobäi, an dat ass awer de wesentleche Punkt, schwätzen d’Zuelen, ouni d’schwaarz Schof elo auszeschleissen, eng eendeiteg Sprooch: Iwwer 90% vun den haitegen RMG-Bezéier schaffen, awer hiert Akommes geet net duer, fir ze liewen. D’Zil vun der Reform ass awer richtig, de Mënschen net nëmme wéi bis elo finanziell ënnert d’Aerm ze gräifen, mä et hinnen ze erméiglechen, an der Gesellschaft nees Fouss ze faassen.

D’Fro, déi sech awer stellt, ass, an do kommen ech op dee Punkt vu virdrun zréck, ob mer genuch Méiglechkeeten hunn, fir dass och déi Leit kënne méi schaffen, well net jiddwereen huet, wéi virdrun och scho gesot, d’Méiglechkeet, eng voll Tâche auszeüben.

Déi dote Situatioun, an och däss musse mer eis bewosst sinn, wäert ganz besonnesch Elengerzéier betreffen, Elengerzéier vläicht mat engem klengen Kand, wat nach eng Behënnung huet, oder Leit mat gesondheetleche Problemer oder vläicht och mat enger Behënnung, fir déi et eben net esou einfach ass, fir kënne vun enger klenger Tâche op eng 40-Stonnen-Tâche eropzegoen.

Ee Punkt, ier ech zum Ofschloss kommen, deen ech awer nach wëll uschwätzen, well e sech och weiderhi relativ schwierig gestalt, dat ass dee vun der Definitiou vum der „communauté domestique“, well déi Betraffe kréie keng Sozialhëllef, wa si mat enger anerer erwuessener Persoun an enger Wunneng wunnen/liewen.

Grad opgrond vun den héije Wunnengspräisser an och der dowéinst grousser Demande vun ëmmer méi Leit, fir kënnen an enger WG ze liewen, wär et wichteg, eben hei kloer an transparent Kritäre festzeleeën, wéini een als gemeinsame Stot zielt a wéini een als WG zielt, wou da jiddwereen onofhängeg vunenee leeft.

Et ass esou, an dat krute mer och an der Kommissioun verséichert, dass effektiv den FNS sech bei esou Demanden ëmmer déi eenzel Fäll ganz genau wäert ukucken, ob et sech dann heibäi wirklech ëm eng WG handelt, a se dann och net als Communauté domestique consideréiert. Trotzdem wär et an eisen Aen awer gutt, an deem Beräich, wéi gesot, kloer Kritäre festzeleeën, déi ee muss erfüllen. Esou wär et fir jiddweree wesentlech méi kloer a jiddweree wéisst och, wou en dru wär.

Här President, ofschléissend wëll ech just nach betounen, dass bal all zweeten Euro, dat sinn 11,7 Milliarden, an d’Sozialpolitik fléisst, sief dat fir Sozialleeschungen oder fir d’Sécurité sociale. Fir eis Sozialisten ass dat eng enorm

wichtig Investitioun. Trotzdem geet et awer nach net jiddwerengem gutt hei am Land. Wéi gesot, et sinn nach leider vill ze vill Leit, déi sech a prekäre Situatiounen erëmfannen. Fir mech steet dofir de Stat an der Flicht, d’Bierger beschtméiglech virun Aarmut ze schützen. An et ass och d’Aufgab vun eis Politiker, eben d’Ursaache vun der Aarmut konsequent ze bekämpfen.

Fir eis Sozialistinnen a Sozialiste muss e staarke Sozialstat e Garant sinn, fir gläichermooose fir d’Gemengwuul a fir héich Liewensqualitéit ze suergen. An dofir wäerte mir alles drusetzen, fir de Sozialstat ofzesécheren a weiderhin auszubauen, ze stäerken. An ee wichtigen Deel dovunner ass haut d’Reform vum RMG respektiv d’Aféierung vum REVIS, déi mer wäerte stëmmen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An déi nächst ageschriwwene Riednerin ass d’Madamm Sam Tanson fir déi gréng.

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut iwwer Leit, déi sech déi Situatioun, an där se sech befannen, neterausgesicht hunn, sief et aus gesondheetleche Grënn, sief et aus psychologesche Grënn, sief et, well se kee Schoulofschloss hunn. Dat ganz dacks verbonne mat ganz vill Pech, befanne si sech an enger Situatioun, wou se op d’Hëllef vum Stat ugewise sinn: op den haitegen RMG, den zukünftige REVIS. Déi allermeescht vun hinne wiere ganz sécher frou, wann dat net esou wier.

Dëse Projet gëtt als Paradigmewiessel duergeleucht: Et géif vun elo u virun allem drëms goen, d’Leit an d’Aarbecht ze kréien, se ze aktivéieren - dat ass en Term, dee mer jo haut schonn dacks héieren hunn -, an net méi, hinne fir d’Eischt emol e minimale Revenu ze garantéieren.

Eng Aarbecht ze hunn, ass mat Sécherheet op villen Niveaue wichtig: fir d’Selbstvertrauen an d’Selbstbild, fir de soziale Kontakt, och fir d’Roll, déi een an der Famill huet. A verschiddene Fäll ass et ebe leider awer keng Optioun. Ganz vill vun de Menagen, déi den RMG haut kréien, hu Kanner, Kanner, déi engem méi grousse Aarmutrisiko ausgesat sinn, Kanner, déi dacks scho mat méi schlechte Startchancen an d’Liewen erakommen.

Et muss also eng Prioritéit sinn, wann een all déi Donnéeë kuckt, d’Kanner ze ënnerstëtzen a folglech och d’Menagé mat Kanner ze ënnerstëtzen. Dofir ass et och esou wichtig, dat de REVIS eng Differenz mécht an d’Kanner am Stot bei der Héicht vun der Ënnerstützung besonnesch berücksichtegt. Dat ass eng Neierung an dësem Projet, déi wichtig ass an déi mir als Gréng och ganz wichteg fannen. An ech wäert souwiso och elo virun allem op déi Punkten agoen - et ass scho ganz vill gesot ginn -, déi ons speziell wichtig sinn.

Den Deel REVIS, d’Madamm Bofferding huet et och elo grad scho gesot, dee fir d’Kanner virgesinn ass, geet an d’Luucht. D’Part pro Kand beleef sech elo op 217 Euro, een Drëttel vun engem Erwuessenendeel. Bei monoparentalle Famillje kënn nach eng Kéier e Montant vu 64 Euro derbäi, wat dann 39% vun enger ganzer Part ausmécht. Do derbäi kommen d’Montante fir d’Frais du ménage, wou pro Kand 105,20 Euro bäikommen.

Et gi Situatiounen, och déi sinn haut schonn ugeschwat ginn, wou bei Familljen, déi nieft dem REVIS e Véierels- oder en hallwe Loun hunn, ënnert dem Stréch manner erauskënn wéi haut mam RMG. De Rapporteur huet et a sengem Rapport duergeleucht. Den Här Spautz huet nach méi detailléiert Rechnunge virgeleucht. Mir sinn der Meenung, dat déi Situatiounen müssen am A behale ginn. Mir verstinn de Grondgedanken hannendrun, dat et drëms geet, dat Leit, déi zum Beispill just e Véierelsaarbechtskontrakt hunn, méi an d’Aarbechtsliewen erakommen.

Beim Mi-temps vu Monoparentallen ass jo nogebessert ginn, wat absolutt begrëssenswäert ass. Mä et ginn och nach aner Situatiounen, wou et vläicht net onbedéngt Erklärunge gëtt oder vläicht net onbedéngt d’Méiglechkeet do ass, fir déi Aarbechtsstonnen eropzesetzen. Och dat ass haut schonn e puermol ugedeit ginn. An hei müssen d’Ursaachen eventuell an Zukunft och consideréiert ginn.

Bei all verständlech Aktivationsgedanken dierf een net aus den Ae verléieren, dat d’Kanner um Enn déi sinn, déi drënnen leiden, wann am Stot manner Suen disponibel sinn.

Dofir, mir müssen dat heiten am A behalen. Mir ënnerstëtzen dowéinst och déi Motioun, déi d’Majoritéitsparteien eraginn. An et geet jo och an déiselwecht Richtung wéi dat, wat den

Här Spautz virdru virgeluecht huet, dat dat Ganzt an engen zwee oder dräi Joer, wivill et der dann och elo sinn, evaluéiert gëtt, well mir och musse kucken: Wivill Famillje sinn dat dann in concreto? Wéi evoluéiert och dëse Familljen hir Situatioun, och duerch déi nei Moossnam? Kommen der elo méi an d’Aarbecht, wat natierlech fir jiddwereen déi beschte Solutioun ass? Oder si wirklech reell nach Verloschter vu Suen do, déi müssen eventuell da kompenséiert ginn, well et einfach net méiglech ass, dat déi Leit méi schaffen?

Et geet awer och aus deene verschiddene parlamentareschen Dokumenter ervir, dat a ganz ville Situatiounen Famillje mat Kanner besser do-sinn. Zum Beispill bei engem Elterendeel ouni zousätzleche Revenu an engem Kand komme laut Berechnungen notament, sou steet et am Avis vum Statsrot, 261,07 Euro méi dobäi eraus, an darselwechter Situatioun mat zwee Kanner 415,77 Euro, voire mat engem Mindestloun, wat jo och wirklech eng wichteg Situatioun awer ass, een Erwuessenen, zwee Kanner, 418,65 Euro. Dat si fir vill Leit ganz vill Suen! An déi kommen op déi richtig Plaz, bei elengerzéiend Famillje mat Kanner.

Fir d’monoparentall Familljen, déi dem grësssten Aarmutrisiko ausgesat sinn, verbessert sech also d’Situatioun. Fir déi aner Famillje muss och an den nächste Jore genue gekuckt ginn, ob den Text den Ufuerderunge gerecht gëtt, fir se och aus der Aarmut erauszehalen a gläichzäitig eben och déi Leit, wou et méiglech ass, op den Aarbechtsmarché ze bréngen.

Aus dem Rapport vum SNAS vum 2016 geet ervir, dat vun den 20.669 Leit, déi an engem Menage sinn, deen den RMG kritt, der just 2.529 vun enger Insertionsmesur dispenseiert sinn. Dat sinn ongeféier 12% vun de Beneficiairen. Vill sinn der entweder nach net am Alter, fir schaffen ze goen, oder net méi am Alter, fir schaffen ze goen, hunn eng Incapacité permanente oder temporaire bescheinigt kritt, voire hunn eng Aarbecht. Och dat ass schonn dacks gesot ginn.

Wa mer also vun „Aktivéierung“ schwätzen, sou sinn, Stand haut, nëmme weine Leit be-traff, déi iwwerhaapt kënnen aktivéiert ginn. Dat wäert sech an Zukunft änneren, ech kommen nach dorobber zréck, an och dat ass gutt.

Laut SNAS huet sech d’Zuel vun den Affek-tatiounen op „travaux d’utilité collective“ bannent zéng Joer verduebelt. Hei si mer gefuerdert, alles ze maachen, dat d’Leit kënnen, wann et nëmme geet, an e klaseschen Aarbechtsvertrag erakommen, dat sech net d’effentlech Hand a Parastat, Asble mat där vläicht komfortabler Situatioun zefridde ginn, wou ee Mataarbechter quasi eng vollstänneg Aarbecht mécht, ouni awer dat en esou bezuelt gëtt.

Fir deen, deen der Aarbecht noheet, ass et näamlech e richtigen Ënnerscheed, ob en an enger Mesure ass oder ob en an engem Aarbechtsvertrag ass. Mir kennen alleguerte Leit, déi jorelang a sougenannte Mesuren aktiv waren an déi awer enger relativ normaler Aarbecht nogaange sinn.

E weidere Fortschrëtt vum REVIS ass d’Incitatioun fir déi zweet Persoun aus dem Menage, fir vun enger Aarbechtsmoossnam kënnen ze profitéieren, wat virun allem de Fraen zeguttkënn. Do sinn d’Zuelen eendeiteg. An des Reform war batter néideg. An dat ass wirklech e ganz grouse Fortschrëtt.

Laut RMGs-Gesetz sinn nëmme 40 Stonnen Insertionsaktivitéite pro Menage méiglech an d’Zuele weisen, dat dëst zulaaschte vun de Frae gong. 2016 sinn 177 Männer doduerch net an eng Mesure erakomm an 1.088 Fraen. Eng Absurditéit, wann ee bedenkt, wéi wichteg et ass, eben zu enger Aarbecht ze kommen!

Absolutt positiv ass et och, dat ee kann als Persoun eleng gekuckt ginn, och wann ee bei anere wunnt. Dëst erlaabt zum Beispill Persounen, déi aus dem Prisong kommen oder aus engem Foyer, dee vun der OLAI geréiert gëtt, an enger Famill ze wunnen an nawell de REVIS ze kréien, och wann dat Ganzt op eng Dauer vun zwielef Méint limitéiert ass.

Eng Remark nach a puncto Alterslimit vu 25 Joer. Mir versti jo de Grondgedanken dohan-nert. D’Zil dierf et net sinn, dat e Jonke sech drop astellt, de REVIS ze kréien. Dat klängt vläicht a jonkem Alter verlackend, mä et begëtt ee sech domadder an eng zimlech Ofhängegkeet, déi laang kéint undauern. Mir mengen awer, dat et Fäll ginn, déi vu kenger anerer Mesure couvriert sinn.

De Verweis op d’Offices sociaux en dernier res-sort ass an deem Sënn net ganz optimal, well





et hei vun den Office-socialen ofhänkt, wat e Jonken dann, deen ënner guer keng aner richteg Mesure fällt, vun Ennerstëtzung kritt. Jee no Gemeng kann dat, wann ee mat den Associationne schwätzt, immens variéieren. An do muss ee vläicht kucken, dat ze homogeniséieren, vläicht eng Kéier d'Gesetz vun den Office-socialen op de Leescht ze huelen, well et dierf net sinn, datt weinst Prinzipie Jonker duerch eist Netz falen.

Et gëtt e puer Ausnamen zu der 25-Joer-Regelung an et kënnt elo eng derbäi, déi awer och ganz wesentlich ass, an zwar, datt Fraen ënner 25 Joer de REVIS kënne kréien aacht Woche virun der Gebuert vum Kand an net eréischt ab der Gebuert vum Kand. Déi Zäit virun der Gebuert ass eng ganz intensiv a wichteg Zäit. Dokteschrendez-vousen an Akeef an Erwaardung vum Kand stinn un, soudatt et gutt ass, datt déi zukünfteg Mamm sech net nach muss Suerge maachen, wa si kee Revenu huet.

Et sinn also ganz vill positiv Elementer an deem Projet dran. Ons Suerg ass virun allem déi, datt net just gekuckt gëtt: Wéi kënne mer d'Leit aktivéieren?, mä fir d'Éischt: Wéi kënne mer de Leit hëllefen? Dowéinst muss d'Applikation vun deem Text och suivéiert ginn. Dowéinst ënnerstëtze mer och déi Motioun.

Ech ginn heimat den Accord vun der grénger Fraktion souwuel fir den Text wéi och fir d'Motioun, mä mäi Fraktiounskolleg, de Gérard Anzia, wäert herno nach op deen organisationelle Volet agoen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt e Wuert vu Merci un de Kolleg Claude Lamberty fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport zu deem Gesetz, wat eis am Fong aus dem RMG de REVIS mécht, aus dem Revenu minimum garanti de Revenu d'inclusion sociale. An et ass am Fong och am Numm, wou d'Ursaach an de Prinzip vun dëser Reform leien.

Ech mengen, meng Virriedner si vill op den Historique zréckgaangen. Den Här Spautz war ganz wäit zréckgaangen. En huet vill an der Vergaangenheet gelies, vun 1986 un, 1999 war eng Reform, 2004, an haut nun emol eben erëm dëse Projet. Dat beweist, datt déi Chamber virduro quasi, kann een elo scho soen, drëseg Joer un deem RMG, haut REVIS, schaffen an ëmmer erëm versichen, en der Situatioun unzepassen an en ze verbesseren.

Ech mengen, déi Haaptziler vun deem Projet sinn d'Erëmagliddung an d'Berufswelt, et schéngt mer dat den Haaptziler ze sinn, an de Kampf géint d'Aarmut.

D'Aarmut zu Lëtzebuerg, mengen ech, hu mer heibannen x-mol diskutéiert. Mir wëssen, trotzdeem et e Land ass, wat ee räicht Land ass - et gëtt gesot no baussen, eent vun de räichste vun der Welt -, ass d'Aarmut hei zu Lëtzebuerg awer souwuel an effektiven Zifferen wéi och prozentual permanent geklommen. A wa mer haut dobäi leien, datt bal 100.000 Leit hei am Land ënnert déi Aarmutsgrenz falen, dat ass schonn e puermol heibanne gesot ginn, da beweist dat, wéi grouss dee Problem an eiser Gesellschaft ass an datt mer an deene vergaangene Joren et ni fäerdegbruecht hunn, datt dee Räichtum, dee mer zesumme geschafen hunn oder schafen hei am Land, och sozial gerecht tëschent deenen eenzelne Biergerschichte verdeelt gëtt, mä de Risiko, datt de Gruef tëschent Aarm a Räich ëmmer méi grouss gëtt, ass och hei zu Lëtzebuerg eng Realitéit ginn.

Elengerzéiend Fraen oder Pappen, mä an der Regel sinn et Fraen, sinn am meeschte betrëff. Praktesch 44% vun hinne falen ënnert déi Aarmutsgrenz an ech wäert herno nach eng Kéier dorop kommen.

Wéi wichteg et ass, datt mer hei zu Lëtzebuerg en RMG oder haut REVIS hunn, bewiesen d'Zifferen. Wa mer kucken: 1986, wéi mer ugefaangen hunn, hate mer 1.600 Stéit, déi dovunner profitéiert hunn. 2015, dat sinn déi lescht Chifferen, déi am Rapport stinn, schwätze mer vun 10.000 Stéit oder vun 21 Persounen (veuillez lire: bal 21.000 Persounen) Dat ass am Fong eng Progressioun an de Stéit vu 625% bannent 30 Joer, wou d'Zuel vun de Stéit zougeholl huet, déi vun deem REVIS haut profitéieren.

A wa mer dat am Verglach mat der Awunnerzuel kucken, da war d'Awunnerzuel 1986

ronn 370.000 Awunner an haut 2015 - net haut, also 2015 - waren dat der 576.000. Mir hunn also an der Populatioun eng Progressioun vu 64%. An an der Zuel vun deene Leit, déi vum REVIS (veuillez lire: vum RMG) profitéieren oder musse profitéieren, hu mer eng Progressioun vu 625%, wat also beweist, datt déi Zuel, deen Zousaz vun der Populatioun och e groussen Deel Leit mat sech bruecht huet, déi ënnert den RMG falen. Dat gesäit een och, an dat steet och am Rapport, wann ee gesäit, wéi den RMG agefouert ginn ass 1986, datt et am Fong zwee Drëttel Lëtzebuerger waren, déi vum RMG profitéiert hunn, an haut, wou mer also iwwer 10.000 Stéit hunn, sinn et dräi Véierel Netlëtzebuerger, déi vum RMG profitéieren. Et ass also haut bei Wäitem méi wéi ëmgedréit.

Dëst Gesetz bréngt eng Rei vu punktuellen Modifikatiounen eran, op déi ech net brauch alleguer anzegoen. Meng Virriedner hu schonn eng Partie dovunner gesot. Mä eng vun deene wichtegsten ass, fir erëm ze kucken, d'Aarbecht fir d'Leit, déi schaffe ginn, d'Aarbecht fir déi attraktiv ze maachen.

Ech géif mengen, dat wier och den Hauptpunkt. De Kolleg Spautz huet virduro hei mat Recht gesot, datt mer am Fong vu 7% schwätzen, net vun deenen 93%, déi schaffe ginn, mä datt, ech mengen, d'Zil muss sinn, datt mer eis méi geziilt op déi 7% konzentréieren, quitte datt mer wëssen, datt mer déi ni wäerten alleguer un d'Aarbecht kréien. Mä fir een Deel musse mer dat versichen, iwwert déi Moosnamen, déi ech elo och hei am Gesetz als positiv gesinn, näamlech datt déi Leit och kënne schaffe goen zum Deel an dat se dann net, wéi dat an der Vergaangenheet war, quasi op där anerer Säit verléieren.

Et ass also eng positiv Entwécklung, déi mer eis hei erwaarden, quitte datt mer eis och net do alles kënne dovun versprechen. Mä all kleng Aktioun, déi eis hëlleft, d'Leit erëm op den Aarbechtsmaart ze kréien an domadder an d'Selbstständigkeit an domadder an d'soziaalt Liewe kënne ze integréieren, ass derwäert, datt mer dat heibannen... (veuillez lire: heibannen ënnerstëtzen.)

Ech mengen, déi Mechanismen, déi mer elo mat deem Gesetz agefouert hunn, dierften eng Verbesserung sinn, och, wéi gesot, wa mer net wäerten domat Honnerten oder Dausende Leit zousätzlech an d'Aarbecht kréien.

Mir gesinn als ADR och an där neier Prozedur eng administrativ Vereinfachung. Ech mengen, wann an d'Zukunft just d'ADEM an den ONIS dofir responsabel sinn, schéngt dat eis awer eng gutt Prozedur ze sinn, well mer engersäits nëmmen d'ADEM hunn, déi dann am Fong eng Evaluatioun mécht, e Profil vun där Persoun, an dann doranner e Resultat erauskënnt, ob déi Persoun apte ass, fir an den normalen Aarbechtsmaart ze goen, a wann net, da geet se bei den ONIS eriwuer. Si gëtt speziell encadréiert an et gëtt dann ebe gekuckt, och iwwert déi regional Strukturen, d'Office-socialle vun deenen eenzelne Gemengen an d'Agents régionaux, datt déi Leit dann encadréiert ginn an datt versicht gëtt, fir déi Leit dann eben déi Moosnamen, sief et schoulescher, sief et, datt se a Coursé ginn, oder Entzéiungskuren, datt se iergendwéi kënne eng Aarbecht maachen....

(**Sonnerie du téléphone portable de M. Gast Gibéryen**)

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Soll ech drugoen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den Här Gibéryen ríft lech un.

(**Hilarité**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et ass gutt, datt een eng fein Nopesch huet, déi engem dee Lapsus do korrigéiert huet. Merci!

(**Hilarité**)

Ech mengen, fir nach eng Kéier op de Risiko vun der Aarmut zréckzekommen, mir gesinn hei, wéi wichteg esou e Gesetz wéi dat heiten ass, fir d'Aarmut ze bekämpfen. 1983 war et am Fong e Rapport vum Conseil économique et social, deen deemools gesot huet, datt 8% vun de Stéit an enger Prekaritéit wieren an 18% un der Grenz vun der Aarmut. An et war am Fong dee Rapport, deen Ausgangspunkt war, fir deemools d'RMGs-Gesetz 1986 anzeféieren.

2016 huet de Statec en neie Rapport erausginn an en hat do am Fong dunn déi Chiffere publizéiert, déi ech virduro scho genannt hunn, datt vun den Elengerzéiende 44,9% ënnert d'Aarmutsgrenz falen, awer och 20% vun den RMG-Bezëier, dat heescht eng Koppel mat engem oder méi Kanner, falen drënner, oder 13% vun den RMG-Bezëier, déi elengerzéiend sinn, falen och drënner.

D'Situatioun vun 1983 huet sech bis haut also net verbessert. D'Zukunft muss also sinn, datt mer alles maachen, fir géint d'Aarmut un-

zekämpfen. A mir wësse jo, datt een net mat enger Moosnam kann hëllefen. Et kann een hei um RMG eppes maachen an en enger ganzer Palett vu Moosnamen muss ee spillen, well et keen Allheilmittel gëtt. Et gëtt net eng Lösung, fir d'Aarmut hei am Land ofzeschaffen, mä mir müssen op deene verschidde Punkte virgoen. A mir musse selektiv virgoen, net mat enger Géisskan, mä mir müssen op där anerer Säit kucken, datt mer déi Leit punktuell ënnerstëtzen, déi eppes brauchen.

Och fir d'Sans-abrie gëtt eppes an deem Gesetz gemaach. Wann déi ebe kënne noweisen, datt se an engem Zäitraum vun zwielef Méint sechs Méint an enger Gemeng sinn, da gi se an de Registre général - oder wéi heescht en? - ageschriwwen, ech mengen, fir datt déi Leit dann och am Fong e soi-disant „festen Domicile“ hunn an dann ënnert dës Bestëmmunge kënne falen. Wat dann och Bestëmmunge si fir Leit, déi aus Spideeler oder aus dem Centre pénitentiaire kommen, oder fir Demandeurs de protection internationale, déi alleguerten ënnert dës Bestëmmunge falen.

De Käschtel vum deem Gesetz ass quasi neutral, wat also och domadder direkt beweist, datt et keng lineär oder generell Augmentatioun vum REVIS ass, mä datt et eng punktuell Moosnam ass, déi engersäits de Kanner, de Famillje mat Kanner zeguttkënnt, déi anerersäits de Familljen zeguttkënnt, de Fraen zeguttkënnt, a wou anerersäits déi, déi enger Beschäftegung noginn, kënne en zousätzleche Revenu kréien. Et sinn also punktuell Moosnamen an et ass keng generell Moosnam heira virgesinn, fir eng allgemeng Augmentatioun vum garantierte Revenu ze maachen.

Ech mengen, mir hunn an de leschte Woche relativ vill iwwert de soziale Mindestloun geschwat. Mir hunn zwar an dëser Legislaturperiod keng Augmentatioun vum soziale Mindestloun gemaach, bis elo - kuerz virun de Wahlen - den Aarbechtsminister vun der sozialistescher Partei am Fong proposéiert huet, fir de Mindestloun ze erhéijen.

► **Une voix.** - Ze spéit!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Vill ze spéit! Et hätt een am Fong erwaart, datt eng Partei wéi d'Sozialistesch Aarbechterpartei an deenen zéng Joer profitéiert hätt, fir de soziale Mindestloun massiv ze erhéijen, amplaz eréischt e puer Méint virun de Wahlen ze kommen an dann eng Debatte ze lancéieren, fir am Fong domadder kloer ënner Beweis ze stellen, datt se an deenen zéng Joer dat net gemaach huet, wat een am Fong vun esou enger Sozialistischer Aarbechterpartei hätt kënne verlangen.

Well hätte mer de soziale Mindestloun och gehuewen an dëser Legislaturperiod, wier et am Fong geholl eng logesch Konsequenz gewiescht, datt een den RMG hätt kënne erhéijen, well jo ëmmer gekuckt gëtt, datt awer tëscht dem RMG an dem soziale Mindestloun eng gewëssen Differenz bleift. Mä wann een net de Mindestloun hieft, da kënnt eben dat hei als Konsequenz eraus: Da gëtt och den RMG net gehéicht.

Also, dofir brauche virun allem eis sozialistesch Kollege sech net op d'Schëller ze klappen, well si hu während deenen zéng Joer de Mindestloun net gehuewen, an doduerch, well de Mindestloun net gehuewe gouf, gëtt eben och elo net generell dann hei den RMG oder de REVIS gehéicht.

Si hu sech awer elo - meng Virriednerin vun de Sozialisten - onwahrscheinlech gefreet heifir, mä si hu sech och schonn deemools onwahrscheinlech bei der Steuerreform gefreet, wéi déi Kleng e puer Euro bäikritt hunn an déi Déck e puer Honnert bäikritt hunn. Mä si sinn eben haut anscht, d'Sozialisten, wéi dat, wat mer freier vun hinne kannt hunn.

(**Interruption**)

Si feieren haut alles; all Grimmel, déi ee Kleng bäikritt, ass fir si e groussen Erfolleg. A wann déi Déck bäikréien, da rechne se a Prozenter, da mécht dat net gradesou vill optesch no baussen aus.

(**Interruptions par MM. Franz Fayot et Claude Haagen**)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir hunn alleguerten Interêt, fir no baussen de REVIS ze verdeedegen, well ganz dacks an den Diskussiounen dobaussen de REVIS falsch duergestallt gëtt: wéi wann dat Leit wieren, déi net wëllte schaffe goen, wat Profiteure wieren an esou weider. Dat stëmmt net!

Ech mengen, de REVIS ass net nëmme fir déi Leit, déi net schaffe ginn, mä en ass och fir déi Leit, déi schaffe ginn. A vun deenen Zuelen, déi mer hei nennen, muss ee wëssen, datt 93% vun deene Leit, déi den RMG kréien oder elo muer de REVIS kréien, Leit sinn, déi schaffe ginn. Dat heescht, déi kréien opgrond vun hirer Aarbecht, déi se leeschten, net genuch Ge-

halt, fir un den Niveau vum RMG erunzekommen, a kréien dann eben d'Differenz ausbezuelen.

Et ass also och eng generell Diskussioun iwwert déi kleng Léin, déi mer da kënne féieren. An ech hunn elo grad de soziale Mindestloun ugeschwat. An et sinn am Fong nëmme 7%, déi guer net schaffe ginn, déi den RMG kréien. Ech mengen, et muss een de Leit och soen, wien heivunner profitéiere kann, an datt mer fir d'Akzeptanz bei de Leit dobaussen déi Diskussioun musse féieren, well och vill Leit et emol net wëssen, datt se kënne e Complement zu hirem Salaire kréien, wa se net un d'Montante vum REVIS erukommen.

Dofir, wéi gesot, hu mer och alleguer eng Responsabilitéit, fir eis net do deene Gespréicher unzeschléissen, mä fir datt mer kloerstellen, datt et wichteg ass, datt mer esou en Instrument hunn.

A mir hoffen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer dann elo awer wäerten an der nächster Legislaturperiod, mat oder ouni Sozialisten an der Regierung, eng Augmentatioun vum Mindestloun kréien an datt dann och automatesch de REVIS ëm deeselwechte Prozentsaz no uewen ugepasst kéint ginn. Dat wier eng vun deenen Iddien, déi mir géife soen, well mir musse wëssen, datt alleguer déi Leit, déi am RMG sinn, keng grouss Spréng maachen. Déi musse wierklech hiren Euro zweemol ronderëmdréien, ier se en ausginn.

A mir hunn och..., an et dierf een net mengen, wann ech och virduro gesot hunn, datt dräi Véierel vun deene Bezëier net méi Lëtzebuerger sinn, mä och deen ee Véierel Lëtzebuerger, oder d'Netlëtzebuerger, déi Leit alleguer hu Riseproblemer, fir hei an eiser Gesellschaft mat engem Mindestloun kënne ze liewen. A mir hu vill Leit, déi da mat 1.000, 1.200, 1.300 Euro de Mount mussen iwwert d'Ronne kommen. A wann déi mussen hire Loyer bezuelen an esou virun an déi normal Käschten, da bleift fir déi Leit praktesch glat a guer näischt méi. An dofir, wa mer hei an der Chamber diskutéieren iwwer spueren oder net spueren: Hei ass op jidde Fall déi Plaz, wou mer net dierfe spueren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Och wann dat heiten elo net - wéi soll ech soen? - dee ganz grouse Worf ass, mä et huet eng Rei vu punktuellen Verbesserungen. A mir als ADR waren an alle Legislaturperioden an och an dëser Legislaturperiod fir all Gesetzter, déi Verbesserungen bruecht hunn, ob se kleng oder grouss waren, mä eng Verbesserung ass eng Verbesserung a si ass derwäert, ënnerstëtzt ze ginn. An dofir ënnerstëtze mer och dëst Gesetz mat eiser Jo-Stëmm.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. „Zum Schluss stees de plakeg am Reen.“ Ech hunn och, äänlech wéi d'Madamm Bofferdung, deen Temoignage gelies am Heft vun der „Stëmm vun der Strooss“, dee ganz beandrockend ass an iwwert d'Realitéit vu Leit bericht, déi selwer am Fall sinn, a virun allem och bericht, wéi ee Spießrutenlauf déi Leit deelweis mussen duerchmaachen.

Här President, den RMG ass 1986 agefouert ginn, an datt dëst an den 80er Jore geschitt ass, kéint een op den éischte Bléck verwonne, well et ware jo d'80er Joren, déi den Duerchbroch vun enger anerer, enger neoliberaler, maartbasierter Approche a Saache Wirtschaftspolitik bedeit hunn, wou eng Opfaassung vum Stat, dee wéi eng Entreprise gemanagt misst ginn, sech lues a lues duergesat huet, an déi e schrëttweise Réckbau iwwerall an Europa an och zu Lëtzebuerg vum Sozialstat agelaut huet.

An deene Jore virun der Aféierung vum RMG ass och zu Lëtzebuerg d'Vollbeschäftegung verluer gaangen, wouduerch d'Sécurité sociale net méi fir jiddwereen déi néideg Ofsécherung ausserhalb vun der Aarbecht bidde konnt. Et ass also an deem wirtschaftspolitesche Kontext, an deem d'Bezuelung vun an den Accés zu enger bezuelter Aarbecht erofgaange sinn, wou d'Necessitéit vun engem Instrument, fir géint d'Aarmut unzekämpfen, iwwerhaupt eréischt richteg aktuell ginn ass.

Am Exposé des motifs vum Gesetz vum 1986 - an ech hunn äänlech wéi den Här Spautz och ganz vill Debatte vun deemools nach eng Kéier suivéiert - steet dann och dran, datt 8% vun de Menagen deemools a prekärer Situatioun liewe missten. An do heescht et dann och: «Difficile à admettre en effet qu'un produit intérieur de 470.000 francs par habitant ne dégage pas assez de valeur pour permettre à chacun de vivre décemment des fruits de son travail.»





D'Problematik vun de Working Poor, also vun deene Leit, déi trotz enger bezuelter Aarbecht an Aarmut liewe mussen oder zumindest knapp virdru stinn, fir an d'Aarmut ze rëtschen, war also deemools e ganz wichtegt Element bei der Aushandlung vum RMG-Gesetz a gouf och daitlech ugeschwat, vläicht och méi daitlech wéi an den Diskussiounen haut.

D'Problematik ass awer leider 30 Joer méi spéit ganz aktuell bliwwen a stellt sech an engem neie Mooss: Nach ni virdrun hunn esou vill Leit zu Lëtzebuerg geschafft a gläichzäiteg awer risquéiert, an d'Aarmut ze rëtschen, wéi haut.

Derbäi kënn, datt d'Aarmut zu Lëtzebuerg a verschidde sozioekonomesch Milieuen zu engem Massephenomeen ginn ass. Ech denken do un elengerzéiend Familljen oder u Leit, déi musse loune goen.

An dat ass déi zentral Fro vun dëser Reform: Bréngt se et fäerdeg, wiersam virun Aarmut ze schützen? A mir mengen: Neen!

An ëm dës Constat dréie sech dann och déi Haaptkritikpunkte vun eis un dëser Reform. Éischtens ass dem Haaptausléiser vun der Aarmut zu Lëtzebuerg guer net Rechnung gedroen, an dat ass déi ze déif Entlohnung vun der Aarbecht respektiv déi allgemeng Problematik ronderëm prekär Beschäftegung, onfräiwëlleg Deelzäitbeschäftegung, befristet Plazen, CDDen, schlecht oder guer net bezuelte Stagen. An déi Lëscht kéint een nach laang weiderféieren.

Datt de Problem bei der Aarbecht läit, weist sech jo schonn eleng doduerch, datt iwwer 90% vun de Leit mam RMG en eegene Revenu hunn an also schaffen ginn. An et geet ebe just net duer mat de Friichte vun deem Revenu, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Zweetens ass de REVIS, wéi och den RMG virdrun, keng universell Sozialleeschtung. Net jiddweree ka se kréien, verschidde Leit sinn d'office per Gesetz ausgeschloss. Soumat ass de REVIS an der Theorie scho keng lescht Ofsecherung, fir virun Aarmut ze schützen.

An drëttens ass de REVIS trotz enger Rei ajustierter Montanten ëmmer nach keng wirkksam Aarmutbekämpfung. All d'Montanten, ob fir elengstoend Leit, Leit mat Kanner an och ëmmer nach d'Familles monoparentales, leien ënnert der Aarmutsgrenz, egal ob een déi elo par rapport zum mediane Revenu oder zum Budget de référence definéiert, dee Referenzbudget, deem d'Regierung jo beim Statec an Auftrag ginn huet an dee ganz kloer Montanten definéiert huet, ee Rapport, mat deem awer guer näischt duerno méi geschitt ass.

Ech ginn, oder ech versichen, e bëssen an den Detail ze goe vun dësen dräi Haaptkriticken:

Éischtens, déi meescht Leit mat RMG hunn eegene Source-de-revenuen, gi schaffen, si kréien also de Complement RMG, well dat, wat se vun hirer Aarbecht kréien, net duergeet, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, fir iwwert dee Seuil ze kommen, deem am Gesetz virgesinn ass fir den RMG.

De Statsrot huet a sengem Avis ausgerechent, datt nëmme 7,2% vun de Leit just, ausschliisslech vum RMG liewen. Vun deenen 10.193 Stéit am Joer 2015 waren dat also just 735 Stéit, déi ausschliisslech vum RMG gelieft hunn. Ech mengen, dat zeechent och e vill méi realistesch Bild iwwert d'Situatioun vun deene Leit, déi op den RMG ugewise sinn. Dat bedeit ëmgekéiert, datt bei bal 93% vun de Stéit, déi op Hëllef ugewise sinn, eegene Revenuen do sinn aus enger bezuelter Aarbecht. A wann een d'Situatioun vun deene Stéit verstoen a verbessere wëllt, da muss een natierlech och d'Aarbechtssituatioun mat analyséieren. An déi ass komplex.

Do ass an éischter Linn natierlech emol den ze déiwe Mindestloun. Mir hunn hei als déi Lénk schonn e puermol an der Chamber d'Initiativ ergraff, fir de Problem vun der wuessender Zuel vun de Working Poor unzegoen. Mir hatten och eng eegen Interpellatioun dozou gemaach a mir hunn dozou och eng Motioun eraginn, déi net ugeholl ginn ass, och net ugeholl ginn ass vun deenen, déi haut elo sech esou staark fir d'Erhéijung vum Mindestloun asetzen.

Dat ass schued! An et bestätegt eis doranner, datt mer mengen, datt vill méi oft misst gewielt ginn. Well vläicht hätte mer da scho längst e vill méi héije Mindestloun, soudatt manner Leit op den RMG ugewise wären.

A verschidde Fäll, zum Beispill bei Stéit mat Kanner, féiert de Mindestloun plus d'Kannergeld nëmmelech deelweis zu Situatiounen, wou haut de Complement RMG an an Zukunft dann d'Allocation d'inclusion muss ausbezuelen ginn. Dat heescht, obwuel ee Vollzäit schafft, geet d'Situatioun vum Menage net duer, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Mat dëser Reform wäerten déi Montanten zwar deelweis eropgoen, besonnesch eben och, wa Kanner am Stot liewen, mä si bleiwen awer weiderhin ënnert deem, wat néideg wär, fir en anstänneg Liewe kënnen ze féieren, a wat an eisen Aen och den Haaptusproch vun Aarbechts- a Sozialpolitik misst sinn.

Derbäi kënn, datt déi Modifikatiounen bei der Immisatioun vun de Revenu fir de Calcul vun der Allocation d'inclusion net an alle Fäll déi vun der Regierung gewënschte Wierkung hunn. Net an alle Fäll wäert et nëmmelech esou sinn, datt méi schaffen sech lount, esou wéi de Statsrot an d'Salariatskummer eis et an hire jeeweilegen Avisa virgerechent hunn. Domat ass eigentlech dat Haaptzil, nëmmelech datt duerch méi schaffen, duerch Aktivéierung d'Leit eng besser Situatioun kréien, zumindest fir verschidde Kategorie vu Leit net erreecht.

An do si mer dann och bei engem vun den zentralen Elementer vun dëser Reform, zumindest wann een dat gleewe soll, wat d'Auteure vum Projet ëmmer erëm widderhuelen, nëmmelech datt et drëm geet, d'Leit ze „aktivéieren“, esou wéi wann déi haut alleguer dee ganzen Dag doheem géife mat den Zéiwé spilen! Dat ass net esou. D'Zuele vum Statsrot beweisen et jo. Mä wéi dat an der Praxis fonctionnéiere soll, dat Aktivéieren, do stelle sech an eisen Aen awer och nach eng ganz Rëtsch Froen.

Well fir dës Forcing bei den Aktivatiounsmessuren duergesetzen, soll d'ADEM eng méi staark Roll kréien an donieft soll dann och den Ersatz fir de SNAS, den ONIS, sech ëm déi këmmen, déi vun der ADEM als net prett fir den Aarbechtsmaart agestuift ginn.

Mir gesinn hei verschidde Problemer: Déi betrafte Leit, déi zum Beispill schonn Deelzäit schaffen, muss sech an Zukunft och op der ADEM aschreiwen, fir de REVIS kënnen ze kréien. Et muss een awer dovun ausgoen, datt déi allermeescht vun dëse Leit guer net kënnen méi schaffen, deelweis aus familiäre Grënn oder och aneren.

A mir mengen, datt dobäi och eng ganz Rëtsch aner Problemer derbäikommen, Mobilitéitsproblemer, déi domadder zesammenhängen, firwat d'Leit..., net nëmmen, well de Patron hinnen net wëllt eng méi héich Stonnenzuel ginn, mä well et och aner objektiv Problemer do ginn.

Zweetens - an dat hu mer ganz bedenklech fonnt an deem éischte Worf vum Ministère - war et e ganz koerzitive Charakter, datt een nëmmelech, wann een e Rendez-vous verpasst oder als een, deem op der ADEM ageschriwwen ass, enger Obligatioun net nokënn, dann direkt ouni Virwarnung 20% vun dem Montant géif gestrach kréien, wat schrecklech war a wat glécklecherweis op Initiativ vu ganz villen Akteuren an och vun den Deputéierten an der Kommissioun dunn zréckgezu ginn ass.

Doriwwer eraus stellt sech dann awer och d'Fro, ob hei net e Pingpong tëschent zwou Organisatiounen entsteet. Et stellt sech d'Fro, ob d'ADEM iwwerhaapt opgestallt ass, fir déi Leit anstänneg ze encadréieren. Wa mer eis ukucken, wéi d'Garantie pour la jeunesse op der ADEM gehandhabt gëtt, da muss ee sech, mengen ech, do Froen stellen. Do gi Jonker vun enger Formatioun oder engem Benevolat an deem nächste weidergereecht. An an deem Fall riskéiere mer eng äänlech Entwécklung ze kréien, wann et net eng richtig Strategie fir dësen Encadrement gëtt an dann och dat néidegt a qualifizéiert Personal duerfir agestellt gëtt.

Här President, eisen zweeten Haaptkritikpunkt betrëfft de selektive Charakter vum REVIS. Dat war zwar vun Ufank un esou, och beim RMG, an dat huet sech awer iwwert d'Jore liicht verbessert. Beim RMG war am Ufank d'Limit bei 30 Liewensjoer, déi awer dunn erofgeschrauft ginn ass op 25. A mir bedauern am Fong, datt d'Limit vu 25 bei dësem Fall och weider bliwwen ass.

Mir kënnen natierlech d'Argument novollzéien, datt net de Schoulofbroch mat engem direkten Usprouch op de REVIS soll incitéiert ginn. Mä mir gesinn awer hei éischter Handlungsbedarf an der Schoulpolitik, déi den Échec scolaire bekämpfe muss, an och bei der Formation continue a bei der ADEM, déi méi Mëttele brauchen, fir deene Jonke wierklech weiderzëhelfen.

Mä wann et esou ëmgesat gëtt, wéi elo hei am Gesetz proposéiert, da bleiwe ganz vill Jonker och weiderhin a prekäre Situatiounen, sief et, wëll se net Vollzäit schaffen kënnen oder och net d'Méiglechkeet hunn, Vollzäit ze schaffen. Dës bedauere mir.

Mir bedauern och, datt de Charakter vum REVIS eigentlech nach ëmmer dee vun enger Schold ass. Et ginn zwar Fortschreter par rapport zu deem aktuellen RMGs-Text, mä et implizéiert nach ëmmer, datt een déi Montanten - wann een dann zu enger Fortune kënn - déi

een do kritt huet, zréckbezitt. Bei aneren Elementer vu sozialstaatlechen Transferten, wéi beim Kannergeld, hu mer dat jo awer och net.

A mir bedauern och, datt et weiderhi kee wierklechen individuellen Usprouch op de REVIS gëtt, wat virun allem Leit penaliséiert, déi bei anere Leit mat engem gewëssene Revenu am Stot liewen, a wat zum Beispill oft am Fall vu WGen zutrëfft. D'Allocation d'activation kann zwar an esou Fäll zum Droe kommen, mä de Montant, deem eng Persoun duerfir ka kréien, hënnk dann awer och vum Revenu vum Stot of.

An net méi spéit wéi den nächste Freideg wäerte mer zu Esch de Sozialbericht virgestallt kréien, an do ass een interessante Chiffer, nëmmelech, datt d'Unzuel vu Stéit zu Esch, déi an enger WG gelieft hunn, innerhalb vun deene leschte 15 Joer vun 0,8% op bal 5% eropgaangen ass. Dat heescht, de Phenomeen vun de Wohngemeinschaften ass ee wierklech aktuellen; deen och net verwonnert, wann ee sech d'Situatioun um Wunnengsmaart ukuckt.

Kuerz gesot, d'Sozialpolitik an d'Aarmutsbekämpfung an deem heiten Text droen de soziale Realitéiten an der Gesellschaft nach ëmmer net Rechnung, wouduerch prekär Situatiounen oprechterhalen a souguer verschäerft ginn.

Eisen drëtten Haaptkritikpunkt betrëfft dann d'Zilsetzung vun engem Instrument wéi fréier dem RMG an elo an Zukunft dem REVIS, an dat misst an eisen Aen eigentlech d'Verhënnung vun Aarmut sinn. Et muss ee sech just d'Entwécklung vun den Aarmutszuelen iwwert déi lescht Joren ukucken, fir feststellen, datt eis Gesetz net duerginn, fir d'Aarmut ze bekämpfen. Am Géigendeel, si hält stänneg zou. A mir mengen net, datt de REVIS iergend-eppes dorunner ännert.

Mir hu vill Institutiounen, déi virgerechent hunn, alt erm eng Kéier d'Salariatskummer an och de Statsrot, datt et och mat dem neie REVIS Stéit ginn, déi ganz, ganz wäit ewech sinn, fir och nëmmen usazweisen kënnen dem Aarmutrisiko ze entkommen. Et ass d'Beispill genannt gi vun enger Famill, engem Stot mat zwee Erwuessenen, zwee Kanner, déi leie mat deem neie Modell vum REVIS nach ëmmer 690 Euro vun deem Budget de référence ewech, deem de Statec ausgerechent huet, fir en dezent Liewe kënnen ze maachen. A 690 Euro, dat ass keng Klenggeheet, mä dat ass scho wierklech e fundamentalen Ennerscheid.

Mir bedauern och, datt de REVIS, esou wéi en agencéiert ass, och net weider wäert do hëllefen, fir virun Altersaarmut ze schützen, well och dorobber keng Cotisatioun bezuelt gi respektiv just da Cotisatioun bezuelt ginn, wann déi Leit schonn iwwer 50 Joer al sinn.

Här President, ech mengen, datt et bei dësem Projet eenzel punktuell Verbesserunge ginn. Dat muss ee soen. Et ass dat, wat Elengerzeiender ugeet mat Kanner. De Faktor Kanner ass méi staark an dësem Gesetz. A mir begreifen och, datt elo zwee Leit an engem Stot kënnen u Mesuren deelhuelen. Mä mir mengen, datt dat eleng awer net duergeet, fir déi negativ Punkten, déi ech probéiert hunn opzezielen, opzeweien. An duerfir mengen ech och - oder ech mengen et net nëmmen, ech weess et esouguer -, datt mir dësem Projet eis Zoustëmmung och net kënnen ginn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. Dass déi gréng dësem Projet wäerten d'Zoustëmmung ginn, huet meng Parteikollegin Sam Tanson scho virdru gesot. An e Merci um de Rapporteur, de Claude Lamberty, wat dem Sam awer virdrun entwutscht war, fir et ze soen, wat awer absolutt ubrecht ass!

Ech wëll an dësem Projet, dem Projet REVIS, hei ganz kuerz eppes ervirhiewen, wat mir um Häerz läit, an zwar d'Inclusion sociale. Ech mengen, e grouse Fortschritt vun dëser Reform, dat ass dat Zesummespill, wat elo kënn vun der ADEM an dem Office national d'inclusion sociale, dem ONIS, dass dat hei formaliséiert gëtt, wat virdrun u sech gefeelt huet. En Zesummespill, wat de Sënn an Zweck huet, Fraen a Männer hei ënnert d'Aerm ze gräifen, fir et ze erméiglechen, dass se an eng Aarbecht kommen, wat, wéi mer alleguerte wëssen, ganz schwierig ass.

Mä trotzdem definéiert de Mënsch sech, an och zu Lëtzebuerg, ganz staark an der Gesellschaft doduerch, dass en eng Aarbecht huet an enger Aarbecht noheet, dass e kann dezent wunnen an och dezent liewen. A kengem ass gehollef, wa mer en ofstempelen an en als Empfänger vu sozialen Hëlfelefen duerstellen. An duerfir geet deene Grëngen no eng reell Inclusion sociale ganz kloer iwwert de Wee vun enger regulärer Aarbecht.

Et ass och gutt a wichteg, dass an dësem Projet de loi, a meng Kollegin huet dat schonn ënnerstrach, méi wéi eng Persoun an engem Stot ka vun deenen Hëlfelefe profitéieren. Och do muss een drun denken, dass d'Wunnungsgemeinschaft sech wäerten an Zukunft ganz anescht definéieren, an duerfir ass dat hei e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Fir déi gréng ass et och wichteg, dass déi Persounen, déi an de Genoss vum REVIS wëlle kommen, eng kloer Ulafstell virfannen. Mir ënnerstëtzen awer och ausdrécklech déi Iwwerleeung vun der Madamm Ministesch Corinne Cahen, fir dass dës Uspriechpersoun, den Agent régional, dass deem ugesidelt gëtt, ugedockt gëtt bei dem Office social. En Office social ass eng wichteg Ulafstell an enger Gemeng, an enger Regioun, fir grad déi Persounen, déi an eiser Gesellschaft duerch de Raster falen, déi dacks ouni Aarbecht sinn - awer net ëmmer ouni Aarbecht sinn -, fir déi ze ënnerstëtzen.

An da si mer erëm an der Diskussioun, déi mer hunn, ob Leit, déi enger regulärer Aarbecht zu Lëtzebuerg noginn, ob et normal ass, dass déi zu de Working Poor gehéieren, oder ob do aner Mesur missten ergraff ginn.

Vun der Virgoensweis ass et jo esou, ganz kloer, dass als Éischt eben d'ADEM en Dossier erstellt, den Avis motivé weidergëtt (veuillez lire: ausschafft), wou gekuckt gëtt, ob et méiglech ass, eng Activation professionnelle ze maachen, also déi Persoun esou ze ënnerstëtzen, dass se iwwer Mesur vläicht an eng Aarbecht ka kommen.

Dass déi Mesuren dann och kënnen direkt vun der ADEM ageleet ginn, dat ass gutt esou. Wichteg ass et eis awer och, an dat hu Virriedner och scho gesot, dass déi Mesuren net op eemol eng normal Aarbecht ersetzen an dass laangfristeg oder méttelfristeg déi Mesuren dozou mussen féieren, dass déi Leit an e ganz normal Aarbechtsverhältnis kënnen kommen.

Deen Avis, deem do erschafft gëtt vun der ADEM, geet da weider un den ONIS, wann et eben noutwendeg ass, fir u sech aner Mesuren anzeleeden. An do spilt dann dës regionalen Agent, déi Ulafstell, déi an der Gemeng sëtzt, déi am Office social sëtzt, an der Regioun sëtzt, hir wichteg Roll, fir zesumme mat där Persoun e Plang auszuschaffen: e Plang, deem op sozialen Aspekter baséiert, deem och personalstärkend Moosname soll erschaffen, fir d'Liewenssituatioun vun deene Leit ze verbesseren a se och laangfristeg ze stabiliséieren. Duerfir ass et och - nach eng Kéier! - gutt, dass dësen Agent, dës Persoun ugesidelt ass am Office social, well ganz dacks Mesuren eben do iwwergräifend wäerte mussen geholl ginn, Office social zesumme mat deem Agent, dem ARIS.

Hei kënn awer elo eng Roll, déi den Office national d'inclusion sociale muss spillen, u sech den Iwwerbau, deem all déi eenzel regional Agente muss matenee vernetzen, dee se muss an engem Réseau koordinéieren. An de Grëngen no wäert dës Koordinatiounsaarbecht och eng vun de groussen Erausforderunge sinn an dësem neie Projet de loi fir déi Ëmsetzung vun dësem Gesetz.

Dat wäert eng Erausforderung ginn, fir ze garantéieren, dass een, egal wou een zu Lëtzebuerg wunnt, bedéngt duerch déi regional Verdeelung vun dësen Agenten en Uspriechpartner fënnt a gläichbleiwender Qualitéit, an enger äänlecher Berodung mat enger personaliséierter Begleitung, an dat, wéi scho gesot, um ganzen Territoire zu Lëtzebuerg.

Wichteg ass et och an eisen Aen, dass dee Plan d'activation sociale keng Einbahnstrooss, keng Sakgaass gëtt fir déi Leit, fir dass méiglechst, no deem Stärke vun deem, wat alles feelt, probéiert gëtt, awer erëm eng Kéier de Wee zréckzefannen an eng Aarbecht. Well nach eng Kéier: Fir eis ass d'Inclusion sociale geschitt, wann een zu Lëtzebuerg déi Leit erëm eng Kéier an eng regulär Aarbecht ka bréngen, fir dass se eben och eng Plaz an eiser Gesellschaft fannen, wat bis elo ganz kloer net ëmmer de Fall ass a war.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Familljeministesch, d'Corinne Cahen.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dem





Rapporteur fir d'Éischt emol Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Merci och alleguerten de Riedner haut de Mëtteg. Ech wäert natierlech e bësselchen do-robber agoen.

Ech géif awer och gären direkt de Memberen aus der Familljekommissioun Merci soe fir déi ganz flott Gespréicher an Diskussiounen, déi mer iwwert déi ganz Wochen a Méint haten, wat dëst Gesetz ugeet. E Merci och un all d'Mataarbechter aus dem Familljeministère, aus dem SNAS, aus dem FNS fir déi formidabel Mataarbecht, awer och de Mataarbechter aus dem Aarbechtsministère an der ADEM, well och si hu mat ganz vill Energie un dësem Gesetz geschafft.

An da géif ech awer, fir dat nëmmen net ze vergiessen, och gären de Leit um Terrain Merci soe fir déi Aarbecht, déi se all Dag maachen an dësem Beräich, fir de Leit ze hëllefen, op d'Been ze kommen, d'sozial Inklusioun ze fërderen a fir eben e bësselchen de Leit ze hëllefen, fir zu der Gesellschaft ze gehéieren. Et gëtt jo am Fong geholl näischt méi Schlëmme, wéi net dozougegehéieren zu der Gesellschaft, ausgeschloss ze sinn. Et gëtt näischt Schlëmmeres, wéi net ze wëssen, dass een och eppes ka maachen.

Ech war, ier mer dëst Gesetz ugefaangen hunn auszeschaffen, ganz vill op den Terrain. An do gesäit ee Leit, déi ganz wäit ewech si vum éischten Aarbechtsmaart, déi awer encadréiert ginn a wou Associatiounen engem soen: „Ma mir si scho frou, wann deen doten zwee- oder dräimol d'Woch iwwerhaupt moies opsteet a sech undeat a wäscht an och nach bei ons da kënn, fir iergendwéi eng Aarbecht ze maachen, fir eppes ze maachen, fir aktivéiert ze sinn, fir e soziale Kontakt och ze hunn.“

Ech sinn engem Mann begéint am Éislek bei enger Associatioun, deen huet mer voller Houfert seng Blumme gewisen, d'Uebst, wat e geplant hat am Gaart, an dat ass een, dee wäert ni enger regulärer Aarbecht kënnen nogoen aus verschiddene Grënn. An awer huet dee Mann deen Houfert, deen en huet, fir all déi Aarbecht ze maachen, déi e mécht. Dat hätt en net, wann en net „aktivéiert“ wär, wéi mir dat nennen, wann en net dat bei der Associatioun kéint maachen. An dofir sinn déi Associatiounen, all déi, déi um Terrain schaffen, dat sinn ons wichtegst Partner! Well et si si, déi d'Leit motivéieren, fir ze kommen. Et si si, déi d'Leit motivéieren, fir et besser ze maachen an, wie weess, deen een oder anere vläicht och motivéiert kréien, fir vläicht eng Kéier kënnen op den éischten Aarbechtsmaarché iwwerzegoen.

Hei mat dësem Gesetz gëtt e Meilestee gesat an enger Politik fir méi sozial Inklusioun. An dat ass genau dat, wat mer brauchen. Et ass e Paradigmewissel. No bal 20 Joer RMG war et un der Zäit, d'Politik zu der Aarmutsbekämpfung an der sozialer Ausgrenzung ze iwwerdenken.

Et ass villes gesot ginn hei de Mëtteg. Ech mengen, déi zwou allerwichtigst Saachen an dësem Gesetz, dat ass éischtens emol - a souwuel d'Taina Bofferding huet et gesot wéi och d'Sam Tanson, de Gilles Baum, et ass vu ville Leit gesot ginn -, dass deen zweeten Erwuessenen am Stot och kann aktivéiert ginn.

Mir müssen ophalen, just nëmmen ze soen, mir géife géint d'Fraenaarmut kämpfen a géint d'Kanneraarmut kämpfen. Mir müssen och wirklech konkret eppes maachen, fir dergéint ze kämpfen. A mat dësem Gesetz maache mer dat, well deen zweeten Erwuessenen am Stot och endlech kann eng Aktivitéit unhuelen, sief dat ebe vläicht en Travail d'utilité publique oder awer e Sproochecours oder egal, iergendwéi eng Aktivatioun. Dat war bis haut net méiglech.

Dann, et ass och gesot ginn, dass mer d'Part vun de Kanner eropsetze bei de Familljen am Allgemengen, mä bei de Monoparentallen en particulier. An ech mengen, dass dat méi wéi gutt ass. Well wa mer wëlle konkret géint d'Kanneraarmut kämpfen, da muss mer dat iwwert dëse Wee ganz, ganz kloer maachen.

Dann ass et esou, wann ech vun där Associatioun schwätzen, wou ech dann zum Beispill war, wou ech deen Här gesinn hunn, deen am Gaart do geschafft huet, déi hunn ons erzielt, dass déi Leit, déi bei hinnen aktivéiert sinn, dass déi all zwou Woche bei D'ADEM müssen, dass se extra eng Camionette kaaft hunn, esou e klenge Minibus, an dass déi dann all zwou Woche müssen all zesummen op d'ADEM fueren, fir dohinner stempelen ze goen.

Bon, et war evident, wéi mer ugefaangen hunn, un deem Gesetz hei ze schaffen, dass mir dat net eleng géife maachen, mä dass mer

dat zesumme mam Aarbechtsministère, mam Aarbechtsminister a mat der ADEM géife maachen.

An ech mengen, do ass emol schonn deen alleréischte risegroussen Ënnerscheed vun dësem Gesetz par rapport zu deem, wou den Här Spautz driwwer geschwat huet. Dir hutt selwer gesot, d'Reform vum RMG wär noutwendeg an néideg. Et stoung schonn 2008, oder 2009 besser gesot, am Regierungsprogramm. 2013, hutt Der selwer gesot, hat Der alt emol eppes ausgeschafft, mä dat war awer net dat nämlech wéi dat heiten. Dat muss een awer eng Kéier ganz kloer soen!

An deem Modell hätten d'Leit vill manner bäikritt. Do war keng Iwwerleeung, fir d'Aktivatioun besser ze maachen. Do war keng speziell Mesure fir Kanner a Monoparentallen dran. Do war keng graduell Sanktioun dran. An ech mengen, dass grad déi graduell Sanktioun... Am Moment am RMGs-Text ass et jo esou, dass een iwwerhaupt net verwarnt gëtt. Et kritt een einfach, wann een iergendwéi sech un eppes net gehalen huet, deen RMG ewechgeholl.

Mir hunn an deem neie Gesetz hei eng graduell Sanktioun virgesinn, fir de Leit net einfach den Teppich ënnert de Féiss ewechzehuelen, mä fir se ze warnen an ze soen: „Hei, setz dech en règle, fir dass de dat kanns weider kréien.“

Et war och keng Kollaboratioun virgesinn tëschent dem FNS, dem SNAS, der ADEM, an d'Gewënner fir d'Leit, déi ware wirklech vill, vill méi kleng respektiv et waren iwwerhaupt keng do.

Ech hunn awer interessant fonnt, dass Der och dat vu fréier kucke waart, e bëssen d'Geschicht kucke waart. Ech hunn dat natierlech och e bësselche gemaach, well et jo awer ëmmer interessant ass, e bëssen ze kucken, wat déi eng an déi aner gesot hunn. Ech hunn do zwou Saache fonnt, déi ech ganz interessant fonnt hunn.

Ech géif nawell gären ee Saz oder zwee Sätz liesen aus dem CSV-Wahlprogramm vun 2013 - dee vun 2018, deen hunn ech jo nach net gesinn -: „Wir werden die RMG-Gesetzgebung überarbeiten. Einerseits werden wir der Kinderlast verstärkt Rechnung tragen, andererseits werden wir verschiedenen arbeitsverhindernden Regelungen entgegenwirken.“

Do stellt sech fir mech natierlech d'Fro mat esou engem Wahlprogramm, firwat dat Gesetz haut vun der CSV net gestëmmt gëtt. Dat ka sech just ëm e politesche Statement handeln an ëm soss näischt anescht, well mir hu genau dat gemaach, wat Dir an Ärem Wahlprogramm stoen hat!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - E Saz zum Budget de référence, d'Etüd vum Statec: Déi muss een och bis zum Schluss natierlech liesen, well wann een d'sozial Transferten do matrechent, da kënt een dacks iwwert de Montant vun deem Budget de référence eraus.

An dës Regierung, wëll ech just nach eng Kéier drun erënneren, a verschiddener vun de Riedner hunn et och scho gemaach, déi huet extrem vill gemaach an allem, wat Transfert-socialen ass, an allem, wat Investitiounen an d'Kanner an an d'Familljen ass. Ech ziele se net nach eng Kéier alleguer op, mä wëll just nach eng Kéier soen: 20 Stonne gratis Kannerbetreuung, gratis Schoulbicher, d'Subvention de loyer, de Pappecongé an an an! Do ass ganz vill geschitt an dëser Regierung.

A mir hunn och bei der Allocation de vie chère alleguer d'Prestatiounen, d'Prestations familiales erausgeholl, fir ebe justement nach méi d'Famillje mat Kanner, déi et schwierig hunn, d'Enn vum Mount ze boucléieren, fir déi nach eng Kéier méi ze ënnerstëtzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Madamm Minister, erlaabt Der eng Zwëschebemierkung vum Här Spautz?

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Dajee alt!

(Hilarité)

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Ooh! Merci, Madamm Minister. Ech wollt elo just froen, Dir hutt elo dat alles vun den Transferts sociaux gesot. Ech hat lech och d'Fro gestallt mam Projet 7003 iwwert d'Kannergeld: „Wou si mer do drun? Gëtt do nach eng Decisioun geholl an dëser Legislaturperiode?“ Oder loosst Der deen Accord, deen Der 2014 mat de Gewerkschafte fonnt hutt a wou säit 2016 den Avis vum Conseil d'État virläit, loosst Der dat elo einfach sinn an Dir maacht guer näischt méi?

Merci.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci fir d'Fro. Mir hunn d'Rechnunge gemaach, déi hu mer och kritt elo an Tëschenzäit. An do muss ee soen,

dass dat, wat mer gemaach hunn, däitlech - däitlech, bal 3-mol! - iwwert deem läit, wat d'Evolution vum Salaire médian ubelaangt.

Do si mer elo amgaangen ze kucken, wéi mer elo mat deem Gesetz wëllen ëmgoen. Well Dir hutt et jo richtig gesot, dass de Statsrot jo och geschrivven huet a sengem Avis, dass dat Gesetz net onbedéngt néideg ass. Mä mir wäerten an der Regierung awer nach eng Kéier do-riwwer schwätzen, fir lech ganz konkret op Är Fro ze äntwerten.

De Gilles Baum huet gesot, et misst Schluss si mat der...

(Interruptions diverses)

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Nee, et ass gutt.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Vu wéi engem Gesetz wollt Der elo schwätzen hei? Ech war am Fong amgaangen, iwwert de REVIS ze schwätzen, Här President.

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Madamm Minister. Dir hutt jo awer op d'Fro geäntwert.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Richtig!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An ech géif elo mengen, d'Madamm Minister huet d'Wuert zum REVIS a mir ënnerbrieche se net méi.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci.

De Gilles Baum huet gesot, et misst Schluss si mat de Fraen an der Ofhängegkeet, dass mer déi an der Ofhängegkeet an an der Aarmut halen. Dat hei ass e Bekenntnis dofir, fir wirklech opzehalen, d'Fraen an der Ofhängegkeet an an der Aarmut ze halen!

Wann ee schafft, wann ee méi aktivéiert ass, wann ee méi Stonnen aktivéiert ass, da soll een dat och am Portmonni um Enn vum Mount spieren. Dat huet d'Madamm Bofferding och nach eng Kéier ganz däitlech gesot. A mat deem neien Immunisationsmechanismus ass et esou, dass een endlech, wann ee méi schafft, och méi um Enn vum Mount huet. An dat ass jo awer dat Mindest, wat ee muss hunn!

Am RMGs-Text huet dat leider net geklappt. Do huet een net méi kritt, wann ee méi aktivéiert war. Dat konnt net sinn. An dofir war et esou wichtig, dass mer dat Gesetz hei elo haut stëmmen, justement fir déi Leit, déi e Wëllen hunn, fir méi aktivéiert ze sinn.

An ech wëll just nach eng Kéier soen, wat dat heescht: „aktivéiert“. Aktivéiert heescht net onbedéngt schaffen, wann een dat net kann. Aktivéiert heescht zur Gesellschaft ze gehéieren, eppes ze maachen. Dat kann zum Beispill sinn, wann ee keng vun eise gängege Sprooche schwätzt, e Sproochecours ze maachen. Aktivéiert ka sinn, wann een drogenofhängeg ass, dass een dann zum Beispill eng Kur mécht, fir vläicht där Drogenofhängegkeet ebe lasszeginn.

Ech wollt awer och nach e Saz soen zu de Mesuren, well d'Madamm Bofferding och gefrot huet, ob mer genuch Mesuren hätten. Mir investéieren an en zousätzleche sozialen Encadrement vun de vulnerabele Leit an den ONGen, an dat mat engem Encadrementsschlüssel vu mindestens engem zu aacht. Dat ass e gutt Stéck méi wéi bis elo. An der Fiche financière vum Gesetz sinn do 16 Milliounen Euro ageschriwwen.

Well den Encadrement, wa mer iwwer sozial Inklusioun schwätzen, dann ass den Encadrement den A an den O. Dofir war et mer och esou wichtig, direkt am Ufank elo schonn deene Leit um Terrain Merci ze soen, well deen Encadrement, dee sozialen Encadrement, dat ass dat, wat mer brauchen, fir déi Leit ze begleeden, fir dass déi Leit ebe sech och dozougehéiereg fillen, a fir deenen och d'Méiglechkeet ze ginn, vläicht och eng Kéier de Sprong ze packe vum ONIS eriwuer bei d'ADEM, fir da kënnen eng professionell Aktivatioun ze kréien.

E Wuert zu de Colocatiounen, zu de Wohngemeinschaften, well souwuel den Här Spautz wéi och, mengen ech, den Här Baum an d'Madamm Bofferding hunn dat ugeschwat. Et ass dem FNS ganz kloer, dass et nei Zorte vu wunne gëtt. Dat gëtt et nun emol haut. A mir hunn och mat den Associatiounen - mir hunn iwwregens alleguer d'Associatiounen, déi um Terrain aktiv sinn, gesinn, ier mer dat Gesetz hei geschriwwen hunn an och nodeems mer deen éischte Worf haten, fir mat hinnen ze kucken, ob dat ass, wat si brauchen -, mir hunn mat hinnen ausgemaach, dass dat natierlech méiglech ass, a Wohngemeinschaften ze liewen. Wann eng Associatioun dat chapeautéiert, ass et kee Problem. Fir de Rescht wäert den FNS awer natierlech och Kontrolle maa-

chen, fir ze kucken, a wéi enger Form dann d'Leit effektiv zesummeliewen, wann ee vun enger Wohngemeinschaft schwätzt.

An Zukunft wäerte méi Leit kënnen aktivéiert ginn, well eben deen Zweeten am Stot och kann aktivéiert ginn. Do wäerte mer natierlech dann och vill méi Leit hunn, déi an déi Aktivationsmesurë kënnen kommen. An de Gast Gibéryen huet gesot: „Mir wäerten déi 7% ni alleguerten an d'Aarbecht kënnen kréien.“ Dofir war et mir esou wichtig, nach eng Kéier ze soen, wat dat heescht: „Aarbecht“, well effektiv, mir wäerte se net alleguer op den éischten Aarbechtsmaart kréien. Mä wichtig ass, dass och déi, déi net op den éischten Aarbechtsmaart kommen, awer zur Gesellschaft gehéieren, dass déi awer och eng Beschäftegung hunn, dass déi eng sozial Inklusioun hunn. A genee dat wäerte mer mat dësem Gesetz maachen.

Net d'accord kann ech sinn, wann de Marc Baum seet, dass, wann een „à meilleure fortune“ kënt, dat heescht, wann een ierft, dass een dann net muss de REVIS zrëckbezuelen oder och elo den RMG.

Ech wëll awer just hei vun der Geleeënheet profitéieren - och wann et net haut de Mëtteg heibanne gesot ginn ass, mä ganz dacks ass dat awer nach an de Käpp vun de Leit -, fir ze soen: Et muss keen, deen aus dem RMG elo oder aus dem REVIS spéiderhin eng Aarbecht unhëlt, ufanken, dat zrëckbezuelen. Dat ass net de Fall.

Ech soen et nach eng Kéier däitlech: Dat ass haut net gesot ginn! Ech sinn dat awer dacks vun der Press gefrot ginn. Et ass just, wann een „à meilleure fortune“ kënt, wann een zum Beispill ierft oder am Lotto gewënnt, dee Moment muss een dann dat zrëckbezuelen.

Wichtig a gutt ass, dass elo jiddwereen um Terrain zesummeschafft, dass d'Leit net méi musse pointéiere goe bei deen een, an awer bei deem aneren och encadréiert ginn. Richtig a gutt ass och elo, dass nach ëmmer d'Aarbecht d'Aktivatioun priméiert, dass, wann ee méi mécht, dass een dann och méi kritt.

An ech géif och gären aus dem Rapport vun der Commission de la Santé et de la Sécurité sociale vum 4. Mäerz '99, wou e gewëssene Mars Di Bartolomeo President war, zitéieren:...

(Interruption et hilarité)

...«Dès le début de sa démarche, le requérant est placé dans une logique de réinsertion par l'emploi plutôt que de bénéficiaire passif d'une prestation pécuniaire. Par ce changement d'approche, le projet se positionne dans l'optique des nouvelles conceptions qui se dessinent dans le cadre de la protection sociale européenne.»

Just fir dat eng Kéier ze zitéieren. D'Leit sollen aktivéiert ginn. Si solle kënnen dozougehéieren. Déi sozial Inklusioun ass ons ganz, ganz, ganz wichtig, dass d'Fraen, dass déi Zweet am Stot och kënnen eng Aktivationsmesure maachen. Och dat ass e ganz, ganz wichtigen Deel vun dëser Reform, dass d'Kanner méi berücksichtegt ginn, dass ee méi Sue fir d'Kanner kritt, a bei de Monoparentallen nach méi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wär ganz frou, wann dat Gesetz hei haut géif gestëmmt ginn. An ech ka wirklech awer nach ëmmer net verstoen, firwat déi gréisst Oppositionspartei dat net ka matdroen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech mengen, da wäre mer prett, fir iwwert de Projet de loi 7113 ofzestëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7113 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

D'Resultat ass 35-mol Jo a 25-mol Nee.

Jo?

(Interruption)

► **Une voix.** - Et geet op.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, et geet op. Et geet op. Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude





Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech géif da froen, ob Der da bereet sidd, fir op den zweete Vott ze verzichten.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

**Motions**

Mir sinn da mat zwou Motiounen konfrontéiert, déi äänlech Visééen hunn, awer net identesch sinn.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wie geet am wäitsten?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Nee, ech géif mengen, dass mer hei, wann ee sech net op eng gemeinsam kann eenegen, dass mer da chronologesch solle virgoen. Ech mengen, d'Diskussiounen...

Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech mengen, mir sollten dat maachen, chronologesch virgoen, well d'Viséé sinn zwar nëmmen zu engem Deel d'selwecht. Déi, déi d'CSV deposéiert huet, geet licht méi wäit wéi déi aner, respektiv haaptsächlech d'Considerante sinn awer fundamental anescht, soudatt mer net kënnen op déi eng iwwersprangen. Mir sollen also iwwert déi zwou ofstëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech sinn absolutt mat lech d'accord. Mir géifen da fir d'Éischt iwwert d'Motioun ofstëmmen, déi vun de Kollege vun der CSV abruecht ginn ass. Den Här Spautz hat als Éischten d'Motioun abruecht. An ech géif dann d'Ofstëmmung lancéieren. Déi, déi also mat der Motioun vun der CSV d'accord sinn, stëmmen mat Jo, an déi, déi net domat d'accord sinn, stëmmen mat Nee.

**Vote sur la motion 1**

Voilà, d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

28-mol Jo, 32-mol Nee, keng Abstentiounen, an domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia).

A mir géifen dann zu där zweeter Motioun iwwergoen, déi en äänlechen Objet huet, awer net gradesou wäit geet. Da géif ech déi zur Ofstëmmung bréngen. Et ass déi Motioun, déi vun der Majoritéit abruecht ginn ass. A wie mat dëser Motioun d'accord ass, stëmmt mat Jo. An deem, deem net d'accord ass, stëmmt mat Nee.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

(Interruptions)

Jo, en ass esou schmuelt ginn, dass een en net méi gesäit.

(Hilarité)

An den Här Angel, dee gëtt dann erëm vum Virtuellen zum Reelle gebeamed.

Also, 35-mol Jo, 25-mol Nee, domat ass déi Motioun ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir sinn dann um Enn vun eisen Debatten iwwert de REVIS ukomm. Mir géifen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6913 iwwert den Archimage. Eise Rapporteur stécht an engem Stau.

Här Rapporteur, ech géif mengen, mir waarden nach zwou Sekonnen, bis dass d'Rou erëm am Sall agekéiert ass.

Sou, ech mengen, d'Rou ass erëm do. De Rapporteur, den Här Bauler, huet elo direkt d'Wuert.

## 8. 6913 - Projet de loi sur l'archimage et portant modification

### 1° de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État;

### 2° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

### 3° du décret modifié du 18 juin 1811 contenant règlement pour l'administration de la justice en matière criminelle, de police correctionnelle, et de simple police, et tarif général des frais

#### Rapport de la Commission de la Culture

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e groussen Dag fir déi national Archiven, well de Vott vum Gesetzesprojet 6913 erlaabt eis, eng gesetzlech Basis ze schafen, fir datt eng vun den zentralen Aufgabe vun engem Stat erfëllt ka ginn, an zwar déi vun der Erhaltung an der Iwwerliewerung vun eisem schréfftleche Patrimoine.

Eis national Archive sinn ouni Zweifel e wesentlechen Deel vun dëser Ierfschaft, deem et ze erhalen an zougänglech ze maache gëllt. Mir kréien elo endlech e komplette legale Kader, dee fir d'Alleréischt an der Geschicht vu Lëtzebuerg definéiert, wat Archive sinn, an deem déi ganz Bandbreit vun der archivistescher Aarbecht, vun der Selektioun iwwert d'Kollekt an der Erhaltung bis hin zur Kommunikatioun, ofdeckt.

Zu Lëtzebuerg goufen et bis ewell just vereenzelt an a verschidden Texter verstreut Dispositiounen, déi punktuell Aspekter vum Archimage geregelt hunn. Beispiller vun Texter an deem Kontext sinn de kinneklech-groussherzoglechen Arrêté vun 1878, de groussherzogleche Règlement vun 2001 iwwert d'Consultatioun vun den Archiven am Nationalarchiv oder nach d'Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Notariat aus dem Joer 1976.

Wa mer eis mat aneren europäesche Länner vergläichen, si mir effektiv an där Hisiicht e gutt Stéck hannendran. Just fir der zwee erauszepicken: d'Bundesarchivgesetz an Däitschland staamt aus dem Joer 1988, dat aus Eisträich gouf ëmmerhin 1999 gestëmmt. Bei eise fran-

séischen Nopere ginn déi éischt Gesetzer a Circulären op d'Zäit vun der Revolutioun zrëck.

Bis ewell huet den Archimage virun allem op enger fräiwëlleger Approche baséiert. D'Gesetz vun 2004 iwwert d'Kulturinstituter definéiert dem Nationalarchiv seng Missiounen, déi virun allem am Sammelen, am Klasement, am Tri an an der Conservatioun vun deenen Dokumenter, déi si kréien, bestinn.

An anere Wieder: D'Nationalarchive ware bis elo ëmmer vum gudden Wëlle vun den éffentlechen Institutiounen ofhängeg. Dat ännert sech mam neie Gesetz. Et gëtt näamlech eng Verflüchtung agefouert, déi Dokumenter, déi als Archives publiques definéiert sinn an déi als historesch wäertvoll agestuut goufen, dem Nationalarchiv ze iwwerginn, wann hiren administrativen Notzen net méi ginn ass. Déi onerlaabt Zerstäerung vun dësen Archive gëtt dann och ënner Strof gestallt.

Här President, ier ech e bësse méi an den Detail vum neie Gesetz ginn, erlaabt mer vläicht, nach kuerz iwwert d'Wichtegkeet vun den éffentlechen Archive fir eis Gesellschaft ze schwätzen! Firwat soll eng allgemeng Archivkultur gefërdert ginn? A firwat brauche mer präzis Regeln a Kritären an deem Beräich?

Déi national Archive sinn dat kollektiiv Gediechtnes vun engem Land, déi Plaz, wou - am Idealfall - all déi relevant historesch Dokumenter aus eiser Geschicht gesammelt ginn. Si sinn domadder net manner wéi eng Fënster, déi een opmaache kann, fir an d'Vergangenheet ze kucken. Ech denken do un déi sëllege Notairesakten, mat Hëllef vun deenen een am Nationalarchiv op d'Sich no Familljemembere ka goen, virun allem dann, wann d'Akten aus dem État civil vun de Gemengen net méi weiderhëllefe kënnen an d'Porregësteren och näischt méi hierginn, beziéungsweis duerch den Zweete Weltkrich oder aner Emstänn zerstäert goufen.

Ech denken och un historesch Dokumenter, wéi zum Beispill déi éischt Vollekszielung an der eisträichescher Zäit ënnert dem Maria Theresia am Joer 1766 oder un d'Feuerstättenverzeichnis vu 1611, dat vu 1624 an dat vu 1653, déi et erlaben, den deelweis drastesch Réckgang vun de Stéit no der Katastroph vum Drësegjärege Krich heizuland ze retracéieren. Oder u Liassen, déi dokumentéieren, wat mat eise Kléischter geschitt ass, déi ënnert dem Jousef II. an an der Franséischer Revolutioun opgeléist goufen.

Et gëtt eng Abberzuel u wäertvollen, jo onersetzlechen Dokumenter, déi eis Geschicht hëllefen opzeschaffen an déi eis e Bild vun der deemoleger Gesellschaft hëllefen ze reconstituéieren. Dat gëllt natierlech och fir Dokumenter aus de Weltkricher an aus den Nokrichsjoren, déi et erlaben, e méi treit Bild vum 20. Jorhonnert ze zeichnen.

All dës schréfftlech Tracen hëllefen ze verstoen, vu wou mer als Land, als Natioun hierkommen a firwat mer haut do stinn, wou mer sinn. Si sinn dowéinst e wäertvolle Schatz fir Fuerscher an Historiker, engersäits, mä och fir den interesséierte Laien, deem no senge Familljewuerzele sicht oder eng Lokalchronik schreift. Alles an allem si se indispensable, fir eis kollektiv Memoire ze bilden.

Do dernieft ass de fräien Zougang zu den éffentlechen Archiven essenziell an enger demokratescher Gesellschaft, fir d'Transparenz vun den éffentlechen Institutiounen ze garantéieren. D'Archiven ënnerstëtzen an alimentéieren den éffentlechen Debat a si féerden a gewëssener Hisiicht d'Kontroll vum Stat duerch d'Zivillgesellschaft.

Da spillen d'Archiven awer och fir de Stat selwer eng wichteg Roll, an zwar an deem Sënn, dass nëmmen eng korrekt Gestiou vun alle wichtegen Dokumenter, déi vun den eenzelne Verwaltungen produziéiert ginn, respektiv déi se vun d'obausse kréien, eng effikass Gouvernance vun Statsapparat an e gutt Fonctionéiere vun de staatleche Strukturen erméiglecht. Well dës Dokumenter donieft och dacks eng juristesche Beweiskraaft hunn, muss de Stat se gutt konservéieren, fir spéiderhin eventuell verschidden Aktiounen kënnen ze legitiméieren.

Dir gesitt also, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Archimage huet eng fundamental Bedeutung.

Gläichzäiteg sinn d'Erausforderungen vun enger adequater Konservatioun net ze ënnerschätzen. Déi eenzel Dokumenter solle jo, sou wäit et geet, an engem gudden Zoustand erhalen bleiwen an och nach zukünftige Generatiounen zougänglech sinn. Dofir muss vun Ufank un de jeeweilige spezifesch Ufuerderungen um Material a vum Format Rechnung gedroe ginn. E Blat Pabeier muss selbstverständlech anescht behandelt gi wéi eng Landkaart oder de Plang vun engem Gebai. Hautdesdaags komme jo och nach déi digital Formater derbäi, déi all Kéier eng ganz speziell Behandlung verlaangen.

Et ass dowéinst nëmme richteg an noutwendeg, d'Nationalarchiven, déi eng laang Traditioun, Erfahrung an déi néideg Kompetenzen an deem Beräich hunn, per Gesetz net nëmmen an den Archimage anzebannen, mä se zu engem zentralen Element an der gesetzlecher Architektur vum neien Dispositif ze maachen.

Mam neie gesetzleche Kader mussen all déi betraffen éffentlech Institutiounen déi Dokumenter, déi gehale solle ginn, nodeems se keen administrativen Notze méi hunn, dem Nationalarchiv iwwerginn.

Konkret gëtt also, nieft enger offizieller Definitioun vum Begrëff Archivdokument, och endlech festgeluecht, wéi eng Institutiounen „archives publiques“ produzéieren: Et sinn dëst d'staatlech Administratiounen a Servicer, d'Gemengen, d'Chamber, de Statsrot, d'Justiz, de groussherzoglechen Haff, wann et de Statschef a senger Funktioun betrëfft, de Rechnungshaff an esou weider. All dës Institutiounen hunn elo mam Archivgesetz eng Rei vu Verantwortungen am Kontext vun den éffentlechen Archiven, déi si produzéieren. Si mussen awer net all den Nationalarchiven hir Archiven ubidden, et ass e Régime dérogatoire festgehale ginn, dee virgesäit, dass ënner anerem d'Gemengen, d'Chamber, de Statsrot, d'Cour grand-ducale, d'Justiz an déi reliés Gemeinschaften sech selwer ëm d'Gestioun vun hiren Archive këmmen. Och kann de Minister ënner bestëmmte Konditiounen enger staatlecher Institutioun, déi dat freet, eng Ausnam erlaben, fir en autonomen Archimage ze kréien.

All dës Institutiounen, mat Ausnam vun de Gemengen an de Culen, hunn nom Gesetz siwe Joer Zäit, en Tableau de tri opstellen, deem definéiert, wéi eng Dokumenter derwäert sinn, gehalen ze ginn, a wéi eng net a wéi laang de jeeweilegen Archivproduzent seng Archiven hale muss. D'Gemenge kënnen awer, wa se dat wëllen, e Contrat de coopération mam Stat ofschléissen, a wa se net wëllen, mussen se bei den Nationalarchiven ufroen, ier se Archiven zerstiieren.

Den Nationalarchiv hält, wéi gesot, eng zentral Roll an dësem Gesetz an. Nieft deenen Aufgaben, déi am Gesetz vun 2004 festgehale sinn, ass en an Zukunft och Haaptspriechpartner fir alles, wat mam Archimage zesummenhängt. All Institutioun, déi sech selwer ëm hir Archive këmmert, kann zu all Moment bei den Nationalarchiven ëm Rot an Hëllef froen.

Donieft hunn d'Nationalarchiven awer och d'Aufgab ze iwwerpräiwen, dass all déi Archiven, déi entweder vun Entitéiten verwalt ginn, déi vum Minister erlaabt kruten, sech selwer ëm hir Archiven ze këmmen, oder déi Archiven, deenen hiren administrativen Notzen nach net ofgelaf ass, op déi richteg Manéier verwalt a konservéiert ginn. Si hunn also an där Hisiicht eng Kontrollfunktoun.

Mam Conseil des archives gëtt och en neit Organ geschaaft. Verrieder aus ënnerschiddlechen Domänen, wéi zum Beispill den Administratiounen, der Zivillgesellschaft, den Archivisten, den Historiker an esou weider, kënnen sech an deem Gremium begéien, fir iwwer Froen an Decisiounen am Beräich vun den Archiven ze diskutéieren. De Conseil schreift Avisen a Propositionen, sief et op Ufro vum Minister oder och op Eegeninitiativ. Op dës Manéier ginn déi betraffen Akteuren an den Entscheidungsprozess matagebonnen, wat d'Archiven ugeet.

Esou e konsultativt Organ gëtt et a villen anere Länner. Mir orientéieren eis domadder effektiv un enger internationaler wäit verbreeter Praxis.

E weidere wichtegen Aspekt betrëfft d'Kommunikatioun vun den Archiven. Den Delai, ab wéini een där d'Archive konsultéieren, hängt vun der Zort vum Dokument of. Prinzipiell ka jiddwereen Accès zu den Dokumenter an den Archive kréien, an dat am Fong vum éischten Dag un, wou déi betraffen Dokumenter verséiert gi sinn. Allerdéngs ass et bei sensibelen Informatiounen noutwendeg, eng länger Frist ze respektéieren.

Esou sinn zum Beispill déi Archiven, déi mat der nationaler Sécherheet ze dinn hunn, fir 50 Joer gespaart. Op den Dokumenter, déi ënnert d'Steiergeheimnis falen, ass den Delai vun 100 Joer festgeschriwwen. Am Ufank war do iwwerhaapt keen Delai virgesinn. Op Interventioun vun der Chamberskommissioun an no Récksprouch mat der Regierung ass dunn en Delai vun 100 Joer festgehale ginn, deem et erméiglecht, datt elo keen Dokument, dat mat Steieren ze dinn huet an als relevant ageschat gouf, dierf zerstäert ginn.

Och déi Archiven, déi perséinlech Donnéeën enthalen, sinn aus Dateschutzgrënn gespaart.